



- la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;
- la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier;
- la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;
- la loi modifiée du 3 septembre 1996 concernant la dépossession involontaire de titres au porteur;
- la loi modifiée du 1^{er} août 2001 concernant la circulation des titres et d'autres instruments foncibles;
- la loi modifiée du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif;
- la loi du 17 décembre 2010 concernant les organismes de placement collectif;
- la loi modifiée du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés;
- la loi modifiée du 22 mars 2004 relative à la titrisation

Dépôt: M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 12.09.2011

6328 - *Projet de loi sur l'accueil de jeunes au pair, modifiant 1. la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration 2. la loi du 4 juillet 2008 sur la jeunesse*

Dépôt: Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration, le 14.09.2011

6329 - *Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à la mission d'observation de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe des élections présidentielles au Kirghizistan*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 14.09.2011

4. Résolution relative au Livre vert «Moderniser la directive sur les qualifications professionnelles» (document COM (2011) 367) - Art. 169 du Règlement de la Chambre des Députés

D'Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports, d'Commission des Classes moyennes et du Tourisme an d'Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire hunn an hire jeeweilege Réunionen décidéiert, en Avis politique un d'Europäesch Kommission ze riichten iwwert d'Dokument COM (2011) 367, déi de Livre vert «Moderniser la directive sur les qualifications professionnelles» betrëfft.

Déi dräi Kommissiounen hu wuelverstane kee Problem, wat de Respekt vum Subsidiaritéitsprinzip ugeet, mä wëlle politesch Bedenken zum Ausdrock bréngen, esou wéi et den nationale Parlamenten an där sougenannter Barroso-Initiativ erlaabt ass. D'Prozedur, déi applizéiert gëtt, ass geregelt am Artikel 169 vun eisem Chambersreglement.

Den Avis commun vun der Commission de l'Éducation nationale, vun der Mëttelstandskommission an vun der Ekonomieskommission ass lech a Form vun enger Resolution verdeelt ginn. E Vote sans débat gëtt virgeschloen.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dat schéngt esou de Fall ze sinn.

Vote

Wie mat dëser Resolution d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Wien ass géint déi Resolution?

Een, dee sech enthält?

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Domadder wier déi Resolution à l'unanimité ugeholl. Ech soen lech Merci, an ech leeden den Avis dann un déi zoustänneg europäesch Instanz weider.

5. Ordre du jour

D'Präsidentekonferenz schléit fir haut de Mëtteg folgenden Ordre du jour vir: d'Diskussion iwwert de Projet de loi 6314 iwwert d'Erweiterung vum Euro-Rettungsschirm, nom Modell 2.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann och elo zu deem Projet de loi 6314 iwwert d'Erweiterung vum Euro-Rettungsschirm. D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech bis elo age-

schriwwen: déi Häre Meisch, Bodry, Bausch, Gibéryen a Fayot...

► **Une voix.**- An Hoffmann!

► **M. le Président.**- ...an Hoffmann; net ze vergiessen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

6. 6314 - Projet de loi modifiant la loi du 9 juillet 2010 relative à l'octroi de la garantie de l'État dans le cadre de l'instrument européen de stabilisation de la zone euro

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Michel Wolter** (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mat enger gewëssener Emotioun, wou ech am Numm vun der Finanz- a vun der Budgetskommission de Rapport zum virleiende Gesetzestext maachen. Eigentlech hat ech als President vun der Kommission - an Dir hutt et, Här President, scho gesot - mat mengem Frënd, dem Lucien Thiel, ofgemaach, dass hien dëse Rapport géif maachen, esou wéi hien och de Rapport zum Gesetz vum 9. Juli 2010 gemaach huet, wou mer fir d'éischte Keier iwwert dëse Sujet geschwat hunn. Leider huet d'Liewen oder den Doud et aneschtens décidéiert, esou dass ech dee Rapport am Numm vun der Kommission hei maachen an him en och speziell wëlden.

Well mam Luss verléiere mer och an der Finanzkommission net nëmmen e gudde Frënd, e gudde Kolleg, mä virun allem och ee vun eise versiersten a kompetenteste Finanzexperten, deen op seng Aart a Weis an op déi Aart a Weis, déi hie charakteriséiert huet, och bei eis an der Finanzkommission zum Deel ganz schwierig Dossierien eis op eng ganz verständlech Aart a Weis duergeluecht huet. An ech kann lech soen, als President vun der Finanzkommission, wann een dem Luss e Projet ze maache ginn huet, da war ee sécher, dass dat ouni vill Schwierigkeete géif iwwert d'Bühn goen.

Dann ass dat hei e Projet, deen an deem Sënn och speziell ass, dass mer matzen an der Summervakanz, wann een dat emol esou ka soen - där parlamentarescher op jidde Fall -, zesummekommen, fir e Projet de loi ze stëmmen. Dat géife mer sécher net fir all Projet de loi maachen en séance publique.

Selbstverständlech maache mer dat hei an dat weist och op de Charakter vun dësem Projet de loi hin, dee sech zu engem Sujet ausschwätzt aus eiser Sicht, dee brandaktuell an Europa ass an deem seng Konsequenzen ee jo quasi vun Dag zu Dag oder vu Woch zu Woch muss am A behalen.

De Projet u sech ass den 8. August vun dësem Joer vum Finanzminister Luc Frieden déposiert ginn an huet als Objet, fir de Montant vun der Lëtzebuerger Statsgarantie am temporären europäesche Rettungsschirm - kuerz EFSF genannt - vun 1,15 Milliarden op 2 Milliarden Euro maximal opzestocken.

Ech wëll drun erënneren, dass den EFSF de 17. Mee 2010 am Kader vun enger Réunion vum Eurogroup an d'Liewe geruff ginn ass. Et handelt sech hei ëm eng Spezialgesellschaft mat Sëtz zu Lëtzebuerg, déi am Numm vu Länner aus der Eurozon anere Länner, déi a finanziell Schwierigkeete geroode sinn, ka Suen um Finanzmarché léine goen. Wann déi Gesellschaft Sue léine geet, da garantéieren déi 17 Eurostaten dee Prêt, deen da vun der EFSF gemaach gëtt. D'Länner aus der Eurozon sti souzese Bierg fir déi Prëten.

Dës Prëtë gëtt et natierlech net zum Nulltarif. Et gëtt se weder fir d'Banken nach fir déi betraffe Länner. Si ginn nëmmen ënnert der Bedéngung accordéiert, dass déi betraffe Länner zolidd musse spueren, fir hir Defiziter ze reduzéieren. An dat schéngt normal, wann ee bedenkt, dass aner Länner Bierg fir Sue stinn, déi do geléint ginn. Géif deemno an Irland oder a Portugal, zwee Länner, déi ënnert dem Rettungsschirm sinn, de Spunnes mat de Sue bedriwwen ginn, da wieren et net méi déi Länner eleng, mä quasi all déi aner Länner aus der Eurozon, déi dofir bleche missten.

Am Mee 2010 ass festgehalen ginn, dass dës Zweckgesellschaft bis zu 440 Milliarden Euro Kreditter kann ophuelen. Déi Garantie vu 440 Milliarden ass opgedeelt tëschent deene 17 Memberstate vun der Eurozon, konform zu hirem Schlëssel am Kapital vun der Europäescher Zentralbank.

Fir de Moment heescht dat, dass Lëtzebuerg fir 1,15 Milliarden Euro geruedstoe muss. Lëtzebuerg, wéi déi aner Länner och, muss dann asprangen, wann dat Land, wat de Kredit krut, deen net méi zrëckbezele kann. Soulaang déi betraffe Länner zrëckbezuelen, fléisst e gewës-

senen Zënsertrag souguer an eise Budget eran. Géife si dat net méi maachen, da krit déi ganz Geschicht en negativen Impakt op eise Statsbudget. Dës Garantie vun 1,15 Milliarden ass duerch d'Gesetz vum 9. Juli 2010 autoriséiert ginn.

Här President, léif Kolleegen, iwwert déi lescht Méint huet sech d'Vertrauenskris op de Finanzmärt weider zougespëtt, an den Euro, wéinst de grouse Scholdeproblemer a villen Euro-länner, kënnt ënner Drock. Esou hunn Irland a Portugal missen ënnert de Rettungsschirm geholl ginn. Si si bis elo déi zwee eenzeg Länner, déi Kreditter vum EFSF zur Verfügung gestallt kruten.

Fir där Vertrauenskris an Europa an an den Euro entgéintzewierken an e staarkt Signal un d'Finanzwelt ze senden, ass am Conseil européen vum 24. a 25. Juni dëst Joer décidéiert ginn, den europäesche Rettungsprëbbel ze stäerken. Et huet sech nämlech erausgestallt, dass fir den „rating AAA“, fir déi Prëten ze behalen, dës net bis zu 120%, mä bis zu 165% musse garantéiert sinn.

Fir dass den EFSF deemno 440 Milliarden am Marché léine kann, musse Garantie vun insgesamt 780 Milliarden zur Verfügung stoen. Dës Erhéijung bréngt mat sech, dass och fir Lëtzebuerg sech d'Garantie no uewen upasst, nämlech vu momentan 1,15 Milliarden op 2 Milliarden Euro. Dofir muss mer d'Gesetz vum 9. Juli 2010 ofänneren, wat mer dann och haut solle maachen.

Säit dem Vote vum Gesetz hu sech da weider nach zwee Elementer geännert. Éischstens, den EFSF ass entre-temps autoriséiert, um Primär-marché Statsobligatiounen vun de betraffene Länner opzekafen. An zweetens ass Estland dem Euro bäigetritt an deemno och Garant vum Instrument ginn.

De Statsrot gëtt a sengem Avis gréng Luucht fir d'Opstocke vun der Statsgarantie, well et fir de Moment keng Alternativ zum Rettungsschirm géif ginn. Hie weist awer drop hin, dass laut den europäesche Verträge keen „bail-out“ kann zougelooft ginn. Am Kloertext heescht dat, dass laut EU-Recht kee Land fir engem anere Memberland seng Scholden a Verflüchtungen muss riichtstoen. Hien zitéiert an dësem Kontext den Artikel 125 iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun.

De Statsrot versteet awer, dass déi exceptionell wirtschaftlech Émstänn an der Eurozon d'Memberstaten obligéiert hunn, sech fir eng gewëssen Zäit vum Prinzip vum „no bail-out“ ewechzebewegen. De Statsrot geet dovun aus, dass d'Finanzhëllef kompatibel si mam Artikel 125, well hie weist drop hin, dass d'Hëllef u ganz strikt Bedéngungen geknappt sinn.

Esou mussen déi betraffe Länner hir Budgete sanéieren an hir Wirtschaft nei ukuerbelen. Dofir fuerdert de Statsrot d'Regierung dann och op, derfir ze suergen, dass d'Finanzhëlfe hiren exceptionelle Charakter behalen an zäitlech begrenzt bleiwen an dass d'Bestëmmungen vum Artikel 125 iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun respektéiert ginn.

Här President, zum Schluss nach zwou Remarquen.

Éischstens, de griechesche Rettungspak vun 110 Milliarden, deen ass net iwwert den EFSF ofgewéckelt ginn. Bei dësem Pak handelt et sech ëm en Accord tëschent de Finanzministere vun der Eurozon, der Europäescher Zentralbank an dem Internationale Währungsfond. D'Europäesch Unioun bedeelegt sech mat 80 Milliarden un dësem Pak ënnert der Form vu bilaterale Prëten. Déi aner 30 Milliarden, déi kommen iwwert den Internationale Währungsfond. Déi Lëtzebuerger Participatioun beleeft sech iwwer dräi Joer op 200 Milliounen Euro.

Zweetens, den aktuelle Rettungsschirm, dee leeft bis 2013 a soll duerno duerch en endgültigen europäesche Stabilitéitsmechanismus, den EMS, ersat ginn. Dofir muss awer en neie Projet de loi déposiert ginn, op dee mer da le moment venu an dëser Chamber wäerten ze schwätze kommen, an dee jo och schonn an enger ganzer Rei vun anere Länner an der Diskussion steet.

Schlussendlech hate mer an der Kommission mam Minister och nach eng Diskussion iwwert d'Relatioun tëschent der Chamber an der Regierung an dësem Zesummenhang. Mir hunn déi Démarche formaliséiert, déi mer an deene leschte Jore scho praktesch applizéiert hunn, an zwar déi, dass de Minister sech engagéiert huet, bei neien Engagementer, dat heescht wann nei Länner ënnert de Schirm solle kommen, au préalable eng Consultatioun vun der Chamber a Form vun der Finanzkommission stattfannen ze loossen, déi dann décidéiert, ob eng öffentlech Debatt an der Chamber an der Plénière stattfënnt oder net.

Zweetens, bei substanzuellen Ännerungen vu bestehenden Engagementer gëtt d'Chambers-

kommission duerch de Finanzminister informéiert.

Dat gesot, hate mer eng Diskussion iwwert déi eenzel Aspekter vun deem Projet de loi an der Kommission. Et war eng grouss Majoritéit vun de Kollege mat enger Géigestëmm der Meinung, dass mer dem Plenum vun der Chamber solle recommandéieren, de Projet de loi, iwwert deen ech elo hei exposéiert hunn, unzehuelen. An ech géif dat dann och am Numm vun der Finanzkommission maachen a gläichzäiteg den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Michel Wolter. Ier mer an der Diskussion virufueren, wollt nach d'Regierung en Dépôt vun engem Projet de loi maachen.

7. Dépôt d'un projet de loi et de deux arrêtés grand-ducaux de retrait par Mme Octavie Modert, Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative

► **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, ech géif lech viru warnen, lech an d'Séileliewe vun der Regierung anzemëschen.

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Dat, mengen ech, hunn ech iwwerhaupt net wëles, Här Statsminister.

► **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Et notzt och näischt.

► **M. le Président.**- Madame Kulturministesch, wann ech gelift.

(Interruption et hilarité)

► **Mme Octavie Modert**, Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative.- An enger vun deenen anere Qualitéiten, nämlech als Minister vum öffentlechen Dëngscht, hunn ech vum Grand-Duc iwwer groussherzoglechen Arrêté vum 18. August erlaabt kritt fir hei ze hannerleeën de Projet de loi relative à l'identification des personnes physiques, au registre national des personnes physiques, à la carte d'identité, aux registres communaux des personnes physiques, deen e ganze Koup Gesetzer ännert. A gläichzäiteg wëll ech och de Retrait maache vun zwee Gesetzer, N°5950 an N°5949.

6330 - *Projet de loi relative à l'identification des personnes physiques, au registre national des personnes physiques, à la carte d'identité, aux registres communaux des personnes physiques et portant modification de 1) l'article 104 du Code civil; 2) la loi modifiée du 22 décembre 1886 concernant les recensements de population à faire en exécution de la loi électorale; 3) la loi modifiée du 30 mars 1979 organisant l'identification numérique des personnes physiques et morales; 4) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988; 5) la loi électorale modifiée du 18 février 2003.*

Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Ech ginn lech Akt vun Ärem Dépôt. An elo fuere mer an der Diskussion virun. Als éischte Riedner zum Projet de loi ass den honorabelen Här Claude Meisch agedroen. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

8. 6314 - Projet de loi modifiant la loi du 9 juillet 2010 relative à l'octroi de la garantie de l'État dans le cadre de l'instrument européen de stabilisation de la zone euro (suite)

Discussion générale

► **M. Claude Meisch** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der leschter Chamberssëtzung vum leschte parlamentaresche Joer hat ech eng Interpellatioun zu genau deem dote Sujet ugefrot, nämlech der Scholdekrise an Europa. An d'Diskussion, wéi se deemools gefouert ginn ass, wäert ganz der heiteger Diskussion ähnelen. Mäi Schlusswuert war, datt Griichenland elo gerett wier, virleefeg, wahrscheinlech bis de September.

Mir sinn am September, an den Dossier steet nees um Ordre du jour, nämlech mat esou enger Drénglechkeet, datt mer eis an der parlamentarescher Summerpaus hei nees zesumme gesinn, fir dann dem Eurorettungsschirm eng zweet Stuf bäizesetzen.



De Rapporteur huet et gesot, an ech wëll em Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

D'Demokratesch Partei stëmmt dëst Gesetz. Mir hunn och déi éischt Stuf vum europäesche Rettungsschirm fir den Euro matgedroen. Hei gëtt d'Garantie vun 1,15 Milliarden Euro op 2 Milliarden eropgesat. An och de Rettungsschirm, déi Struktur, déi sech EFSF nennt, kritt eng zweet Kompetenz derbäi, nämlech datt se kann um Marché secondaire intervenéieren a Statistiken do opkafen. Wat mer ausdrécklech eigentlech och begreifen, well dat jo en Exercice ass, deen an der Lescht virun allem d'Europäesch Zentralbank gemaach huet. Wat net falsch war, fir et ze maachen, wat positiv Auswirkungen hat, virun allem wat derzou gefouert huet, datt d'Marché sech dach e Stéck wäit stabiliséiert a berouegt hunn.

Mä et kann ee sech awer d'Fro stellen, ob dat doten d'Aufgab war vun der Europäescher Zentralbank, a wéi wäit dat doten och demokratesch legitiméiert war, fir vun der Europäescher Zentralbank esou virzegoen. Mat deem Schrëtt, dee mer hei maachen, gi mer déi Kompetenz do eriwuer an d'Struktur vum Rettungsschirm. An domadder ass also och esou eng Interventioun an Zukunft demokratesch legitiméiert.

Mir stëmme mat Jo, well mer keng aner Alternativ gesinn. Wat wieren Alternativen? Et gëtt der, déi bréngen der an d'Diskussioun. Et gëtt vun enger direkter Émscheldung vu Griichenland geschwat. Et gëtt och vun engem Austrëtt vu Griichenland aus dem Euro geschwat. Nun, eiser Meinung no hätt dat awer néfaste Konsequenze fir Griichenland, awer net nëmme fir Griichenland, mä och fir Europa, fir eise Banksystem a schlussendlech och domadder fir Lëtzebuerg.

Griichenland wier direkt faillite bei esou engem Schrëtt. Den Aussenhandel géif zesummebréchen, domadder ganz, ganz vill griichesche Entrepreneuren. D'Banke géife grouss Verloschter maachen, an de Risque fir eng zweet Bankekris no där vum 2008 wier ganz, ganz héich anzuschätzen.

D'DP wëllt mat hirem Jo haut hei esou en Szenario évitéieren. Mir brauchen also d'Interventioun vun aneren europäesche Länner. Mir brauchen haut elo an dëser Situatioun, wou mer sinn, déi europäesch Solidaritéit. An d'Fro, déi sech muss gestallt ginn, an, ech mengen, se ass sech gestallt ginn an deene leschte Wochen, ass: Wat gëtt méi deier, retten oder net retten?

D'UBS, Schwäizer Bank, huet eng Etüd virgeluecht, déi seet, datt et daitlech manner deier géif ginn, iwwer e Mechanismus wéi deen heiten elo d'Situatioun ze stabiliséieren, Griichenland an aner Länner virun der Statsfaillite ze bewahren. Et kéint een dervunner ausgoen, datt dat e Käschtpunkt vu ronn dausend Euro pro Awunner aus der Eurozon wier, also un all de Länner aus den Euro-Memberstaaten. Wa mer Griichenland géife fale loosse, hätt dat eng multipel Mol méi héich Auswirkung, wéi wa mer se probéieren iwwert dësse Mechanismus hei ze retten.

Och ass do gekuckt ginn, wat d'Ausscheede vum zum Beispill engem staarken Euroland wéi Däitschland géif bewierken. Dat hätt och enorm Käschten, déi daitlech méi héich wieren, mat bis zu 8.000 Euro op de Kapp fir all däitsche Statsbürger dat éischt Joer a 4.500 Euro, laut där Etüd, fir all Joer duerno. Et gëtt also zu deem, wat hei probéiert gëtt ze maachen, keng Alternativ, och wann nach ganz vill Froen opstinn.

Mir mengen och, datt déi zweet Stuf vum Eurorettungsschirm net wäert duergoen, an datt et haut sécherlech net déi leschte Kéier ass, datt mer doriwwer an dësem Haus mussen diskutéieren. Et konnt nach keen erklären, wéi Griichenland et zum Beispill sollt fäerdeg bréngen, mat senger enormer Statsschuld, déi et accumuléiert huet, nees en équilibréierte Budget déi nächst Joren ze presentéieren, jo déi Schuld do iergendwéi probéiere kënnen ofzebauen.

Mat ronn 160 Prozent vum PIB, mat enger Rezessioun, an där dat Land dran ass, well och déi Spuerefforten, déi gemaach ginn, derzou féieren, datt d'Ekonomie nach eng Kéier méi lues dréit, mat enger Situatioun, wou ee mierkt, datt de Wëlle vun der Regierung, de Courage vun der griichescher Regierung an d'Force vun der Politik och do par rapport zum Drock vun der eegener Populatioun lues a lues an d'Wanke kënnt, fir deen ugefouerten an och dee vum Europa gefuerderte Spuerkurs weiderzeféieren.

Mat engem Mangel u wirtschaftleche Perspektive fir dat Land, mat ville jonke Leit, déi ouni

Aarbecht, ouni Perspektive sinn an hirem Land ganz oft och de Réck dréien. Mat engem wuesenden Zweifel un der Europäescher Unioun, déi fir villes, wat da schlecht leeft momentan, responsabel gemaach gëtt, mat engem gewëssenen Zweifel un der sozialer Maartwirtschaft a sécherlech och iergendwann eng Kéier mat engem gewëssenen Zweifel un der Demokratie.

Mir brauchen also eng Ëmstrukturéierung à moyen terme, op déi eng oder op déi aner Manéier, vun der griichescher Statsschuld, fir deem Land eng Méiglechkeet ze ginn, och do kënnen erauszekommen.

An ech mengen, wann ee momentan d'Marché kuckt, da gleewen déi och net drun, datt Griichenland eleng erauskennt. Ech mengen, haut oder gëschter huet ee misse véier Milliarden Euro bezuelen, fir sech géint de Risiko ze versécheren, datt een zéng Milliarden, déi ee Griichenland geléint hat, net méi géif erëmkréien, wat e Rekordpräis ass. Dat weist eigentlech, wéi de Risiko momentan ass, datt Griichenland seng Schuld net kann zrëckbezuelen, wéi dee vum Marché ageschat gëtt.

Wat mer awer maachen a firwat dat heite richtig ass, dat ass, datt mer Zäit gewonnen, bis mer eng definitiv Solutioun kënnen ugoen. Zäit gewonnen, bis mer d'Risiken, déi momentan och bei der Europäescher Zentralbank leien, Risiken, déi momentan bei ganz villen anere grouse private Bankhaiser leien, eenegermoossen an de Grëff kënnen kréien.

Dat heescht awer gläichzäitig och, datt d'Rettung vum Euro an déi Interventioun, déi mer haut hei stëmmen, datt déi eis finalement risquéiert eppes ze kaschten! An ech mengen, et ass ze einfach, se heihinnerzestellen an ze soen: Mir ginn eigentlech hei nëmme Garantien, mir kréie souguer Zësen, a wann dann alles gutt ausgeet, dann huet dat eis finalement näischt kascht an ënnert dem Stréch hu mer vläicht nach e kleng Boni gemaach.

Nieft deem, wat mer haut hei decidéieren als Garantie ze erhéije fir d'EFSF, nieft där Kompetenz, déi déi Struktur derbäikritt, fir um Marché secondaire Titren opzekafen - a wa se dat mécht, ee jo och dovunner kann ausgoen, datt se vläicht herno net méi den Nominalwäert géif erëmkréien -, do dernieft wësse mer, datt duerch déi Interventioun vun der Europäescher Zentralbank e weidere Risiko besteet, datt och doduerjer eng Kéier de lëtzeburgeresche Statsbudget géif belastscht ginn, nämlech dann, wann déi Titren, déi d'Zentralbank a Garantie geholl huet, respektiv déi se um secondairé Marché opkaaft huet, wann och déi net méi komplett géife bedéngt ginn, da géif dat dozou féieren, datt mer fréier oder spéider och iwwer eise Statsbudget missten eng vun deene Laaschten do droen.

An ech mengen, dat muss een de Lëtzeburger och ganz kloer soen. Et muss ee soen: Wat kascht et herno Lëtzebuerg, wann et zu enger Verlängerung zum Beispill vun der griichescher Statsschuld kënnt? Et muss ee ganz kloer soen: Wat kascht et Lëtzebuerg, wa mer e Scholde-schnëtt maache vun 20, 30, 40, 50%? Wat kascht et Lëtzebuerg, wa bei der Europäescher Zentralbank, duerch hir Interventiounen, herno e Verloscht muss équilibréiert ginn?

Ech mengen, wa mer gären hätten, datt déi Politik, déi mer haut hei maachen, eng Akzeptanz soll kréien, och bei de Lëtzeburger dobaussen, da brauche mer och eng Rei vu méi Transparenz, fir de Leit kloer ze soen, wat mer maachen an zu wat dat finalement och ka féieren a wat et eis och, als Lëtzeburger Land, finalement wäert oder kéint kaschten.

Europa ass an eisen Aen awer och weider gefuerdert, Här President, an d'Demokratesch Partei mengt net, datt mer mat manner Europa aus dëser Kris erauskommen. Mir gehéieren éischer zu deenen, déi mengen, datt mer mat méi Europa kënnen déi Kris do bewältegen. A mir menge virun allem, datt mer mat engem Europa déi Kris kënnen bewältegen, dat besser funktionéiert wéi dat, wat mer bis ewell haten.

Méi Europa brauche mer zum Beispill, wann et dréms geet, ze hëllef Südeuropa wirtschaftlech nees op d'Féiss ze kréien. Wat momentan net de Fall ass! Well, wa mer gären den Euro a senger jetzeger Kompositioun halen, wa mer gäre Länner an engem Wirtschaftsraum, an engem Währungsraum halen, déi haut - ech kucken do och zum Beispill op Däitschland - wirtschaftlech héich Performancé produzéieren, staark produktiv sinn, an aner Länner, virun allem am südeuropäesche Raum, déi dach wirtschaftlech ganz staark Problemer hunn, fir do kënnen matzehalen, da riskéiert dat op Dauer net ze goen, souwuel den Euro, all déi Länner am Euro ze halen, een eenheetleche Währungsraum ze halen an awer esou komplett verschidden Economien ze hunn.

Wa mer gesinn, wat déi ekonomesch Problemer an deene Länner sinn, wéi héich d'Aarbechts-

losegkeet ass, d'Jugendarbeitslosegkeet am ganz Besonneneschen, wann ee gesäit, wéi un der Maartwirtschaft do gezweifelt gëtt, a wann ee weess, datt dat ganz oft herno dozou féiert, datt och d'Demokratie nach eng Kéier an Zweifel gefouert gëtt, dann, mengen ech, mussen mer eis an Europa d'Fro stellen, wéi mer Südeuropa méi staark kënnen ënnert d'Äerm gräifen, fir et wirtschaftlech dach nees op eng richtig Bunn ze kréien. Den Europadeputéierte Charles Goerens huet eigentlech do en Term geprägt, deen ech hei nach eng Kéier wëllt an d'Diskussioun bréngen, vun engem „Marshall-Plang“ fir Südeuropa.

Ech mengen och, datt mer méi Europa brauchen, wann et ëm d'Gouvernance geet vun Europa. Mir hu festgestallt déi lescht Méint a Wochen, datt d'Politik sech eigentlech vun de Marché joe léisst. Dat huet a mengen Ae virun allem ee Grond, nämlech dee Grond, datt d'Politik net konnt reagéieren, datt d'Politik ganz oft net handlungsfäeg war, an datt mer eben net déi Institutionen um europäesche Plang haten, déi do ganz schnell konnten intervenéieren. Déi eenzeg Institution, déi do war, d'Europäesch Zentralbank, huet intervenéiert an huet dat och gemaach - och wann et vläicht net hiren Opdrag initialement war -, mä huet awer do zu enger Berouegung kënnen bäidroen.

Mat där Struktur, déi mer haut hei ausweiten, der EFSF, wäerte mer dann och dozou bäidroen, datt mer eng zweet Struktur kréien, déi handlungsfäeg ass an Europa an déi op de Marché kann intervenéieren, wann et dann noutwendeg ass.

Ech mengen awer och, datt mer weider müssen driwwer nodenken iwwert déi wirtschaftlech an déi finanzpolitesche Koordination an der Eurozon, datt mer och vläicht nei Mechanisme brauchen, déi fir eis och als Demokratesch Partei keen Tabu sinn. Dat hu mer virum Summer gesot, dat soe mer elo nom Summer. Mat eis kann een iwwer „Euro-Bonds“ zesummen nodenken, mat eis kann een och iwwer eng Scholdebremms nodenken.

Woubäi ech wëllt ze bemierke ginn, datt mer am Maastrichter Vertrag, an de Konvergenzkriterien, eng Scholdebremms haten, a wéi se dunn hätt solle gräifen, dunn ass se ganz schnell ausser Kraaft gesat ginn. Amerika huet eng an der Verfassung, a wéi se hätt solle gräifen, ass se och nees ganz schnell ausser Kraaft gesat ginn. Also dat schéngt mer och net den eenzege wichtege Mechanismus ze sinn! Ech mengen och, datt ee mat eis kann driwwer diskutéieren, den europäesche Stabilitéitspakt weiderzedanken, automatesch oder semiautomatesch Sanktiounen kënnen mat a Kraaft trieden ze loosse.

Et gëtt eng aner Diskussioun momentan um europäesche Plang gefouert, nämlech déi vun engem haaptamtliche Chef vum Eurogroup. Ech mengen, datt och dat eigentlech nëmme ee Schrëtt ka sinn. Ech gesinn den Här Premierminister, wéi e beschäftegt war déi lescht Méint a senger Fonctioun als Chef vum Eurogroup, an ech mengen, hie weess wéi keen aneren, wat dat dote bedeit huet. A wann do de Wonsch no engem haaptamtliche Chef vum Eurogroup da genannt gëtt, dann, mengen ech, gëtt et eigentlech keen Argument, wat do dergéint schwätzt. Mir mengen awer och, datt dat just ee Schrëtt dierf sinn, datt dat och just ee Schrëtt da ka sinn a sécher net d'Léisung vum ganze Problem kann heeschen.

Deen hätt als Aufgab, mengen ech, virun allem de Konsens tëschen de Länner an enger ganzer Rei vu wichtege an akute Froen ze organiséieren. Ech menge virun allem, datt et och dréms geet, de Länner nach eng Kéier méi daitlech kloerzemaachen, op där enger Säit vläicht e klengt Stéck vun hire Kompetenze mat opzeginn, fir op där anerer Säit e Stéck méi Matsprooch um europäesche Plang bei deene grouse Froen dann och kënnen ze kréien.

Mir sëtzen an dëser Fro, spéitstens zënter mer den Euro hunn, alleguerten an engem Boot a mir mussen an déiselwecht Richtung rudder. Mir mussen virun allem am Takt rudder, fir dat Boot do nees a roueg Gewässer kënnen ze kréien. Dat ass net einfach, déi Aufgab do, an och en haaptamtliche Chef vum Eurogroup wäert et net einfach hunn!

D'europäesch Press, Dealer vun der europäescher Politik mengen, datt dee Chef vum Eurogroup net soll Jean-Claude Juncker heeschen. Dat si virun allem d'Schwësterpartei vum der CSV, déi konservativ an déi chrëschtlech-demokratesch Parteien an Europa, déi mengen, datt et besser wier, de Jean-Claude Juncker sollt net méi un deem Posten do interesséiert sinn, wat hien dann och eis an dem Rescht vun Europa matgedeelt huet.

Do dernieft, mengen ech, hu mer awer och eng zweet Tendenz, déi mer feststellen, nämlech déi, datt Europa ëmmer méi d'Affär gëtt vun deene Groussen. Merkel a Sarkozy diktéieren a vill anerer notéieren. An ech mengen,

datt dat net gutt ass. Ech mengen, datt mer eis hei zu Lëtzebuerg kënnen schnell eens sinn, datt dat doten net gutt ass. An ech mengen och, datt et un der Zäit ass, datt mer et erëm eng Kéier méi kloer a méi daitlech soen, datt Europa gedroe gëtt vu ganz ville Länner, vu groussen a vu manner groussen, an datt et net esou ka sinn, datt déi eng virginn an d'Richtung uginn an déi aner eigentlech nëmme op deemselwechte Pad herno kënnen hannendurafen.

Da wëllt ech nach eng lescht Remarque maachen, Här President. Europa leit ënnert der ablécklecher Scholdekris, déi europäesch Ekonomie leit ënnert der ablécklecher Scholdekris a virun allem d'Vertraue vun de Mënsche leit ënnert der ablécklecher Scholdekris. A wa Lëtzebuerg och an Zukunft soll weider kënnen prosperéieren, dann, mengen ech, mussen mer d'Fanger ganz schnell ewechloosse vun enger weiderer Verscheldung hei zu Lëtzebuerg, da solle mer dee Wee net nogoen, deen aner europäesch Länner gaange sinn, well soss verléiere mer fréier oder spéider dach eng Kéier eis Onofhängegkeet an dësem kleng Land.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Claude Meisch. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch dëst Gesetz soll déi Lëtzeburger Statsgarantie am Kader vum europäesche Stabilisatiounsinstrument fir d'Eurozon - EFSF - vu maximal 1,15 Milliarden ëm 850 Milliounen Euro op zwou Milliarden Euro eropgesat ginn.

Mat dësem Vote gëtt d'Chamber hiren Accord zu där europäescher Décisioun, fir d'Mëttele vun deem EU-Schirm, dee jo bis Mëtt 2013 gëllt, vu 440 Milliarden op 780 Milliarden Euro eropzesetzen. Déi Zuelen, déi ech virdu genannt hu fir Lëtzebuerg, entsprechen also dem Undeel, deen eist Land um Kapital vun der Europäescher Zentralbank huet: 0,17%.

De Michel Wolter huet et scho gesot, an ech ka mech ëmmer nëmme wonneren, wann een och Berichter iwwer ähnlech Debatten am Ausland liest, dass een ëmmer liest, et géif iwwert d'Griichenland-Hëllef ofgestëmmt ginn an de Parlamenten. Dat geschitt och hei zu Lëtzebuerg net iwwert deen heite Vote! Hei geet et eenzeg an eleng drëm, fir eben déi Lëtzeburger Statsgarantie eropzesetze par rapport zu deem, wat mer am bestehende Gesetz festgeluecht haten.

Bis elo huet och eigentlech Griichenland nach net vun deem Mechanismus direkt profitéiert, well bis elo déi Hëllef fir Griichenland iwwer e bilaterale Wee ausbezuelt si ginn, an dat gëllt och fir Lëtzebuerg. Lëtzebuerg huet also eng bilateral Garantie gi par rapport zu Griichenland, an dat wäert sech eréischt kuerzfristig änneren. Länner, déi bis elo vun deem Hëllefprabbeli profitéiert hunn, si virun allem Irland a Portugal gewiescht. Fir Griichenland wäert dat an Zukunft de Fall och kënnen sinn.

Wann also dës erhéichte Lëtzeburger Statsgarantie spillt, dann ass dat net onbedéngt fir Griichenland. Dat kann och fir Griichenland de Fall sinn. An et weess ee jo net - et wëllt een den Däiwel net un d'Wand molen -, wat fir eng Entwécklungen nach kënnen an Zukunft kommen.

Ech mengen, e Bléck op d'Verscheldung vun eenzelne State gëtt awer Indikatioun iwwert de Schwierigkeetsgrad, mat deem mer eigentlech momentan hei an Europa konfrontéiert sinn, well wann een déi Statistik kuckt, gesäit een, dass hanner Griichenland, déi effektiv eng Statsschuld hu vun iwwer 140% vum hirem PIB, gläich duerno Italien kënnt mat 119% vum PIB Statsschuld, gefolgt vun der Belsch un drëtter Plaz mat knapp 97% vum hirem PIB. Dat sinn Eurostat-Zuele vum 2010.

An och bei deene Länner, déi sech ëmmer gär als Lokomotiv vun Europa gesinn - Däitschland vun der Madame Merkel a Frankräich vum Här Sarkozy -, och do ass een nëmme verwonnert, wann een déi Statistike kuckt - dat si jo och déi grouss Verfechter vun de gëllene Regeln haut -, dass déi alleguerte wäit iwwert dem eigentleche Scholdeplaffong vum Stabilitéitspakt leien, dee jo bei 60% initial festgeluecht ginn ass. Si leien - Däitschland wéi Frankräich - bei iwwer 80% Statsschuld vum hirem PIB!

D'LSAP-Fraktioun wäert dëst Gesetz stemmen, a) well et zurzäit keng valabel a manner risikaräich Alternative gëtt zu deenen Hëllefspäck, deene garantiéierten Emprunté fir iwwerschëlft Eurolänner, déi sech um Kapitalmaart net méi kënnen zu vertriebbarer Bedéngunge finanzéieren, a b) well an dësen onsécheren Zäiten, wou iwwert d'Zukunft vum Euro, also och d'Zukunft vun Europa, vill diskutéiert gëtt, jo, wou se um Spill steet, all Zeechen, all Zweifel, all Réckzug als Zeeche vu Schwächt gedeit gëtt, wat erëm zu neien zousätzleche spekulative Bewegunge géif féieren.



Et ass net ze erkennen, awéiwäit d'Faillite vun engem Euroland oder - aner Hypothees - den Ausschloss vun engem Land aus der Eurozon eng besser Léisung wier wéi deen Hëllefsmechanismus, deen elo iwwert déi lescht 18 Méint an Europa opgebaut ginn ass.

Keen Expert kann haut mat eenegermoosse Sécherheet berechnen, wat fir prezis Konsequenzen esou Entwécklungen hätten. Loosse mer also net den Zauberlehrling an Europa spillen! Virun allem d'Gefor vun enger Ausweitung vun esou engem Präzedenzfall vun enger staatlecher Faillite op aner Defizitlänner ass völeg onberechenbar. Eng Insolvenz, och wa se organiséiert, kontrolléiert wier - ass dat iwwerhaapt méiglech, eng Insolvenz vun engem Stat wierklech ze kontrolléieren an all hiren Auswierkungen? -, dréit wuel kaum zu enger Berouegung op de Finanzmäert bái. Just de Contraire ka passéieren: Aner Staten, déi an enger ähnlech schwiereger Situatioun sinn, kéinte schnell an nei Turbulenzen erarutschen, well dann d'Vertraue völeg ewech wier. Fält ee vun den Dominosteng, kënnen déi aner ganz liicht nofalen.

D'EU ass eng Gemeinschaft. Eng Gemeinschaft lieft vu Solidaritéit. Solidaritéit ass also och an dese Stonne gefrot. Mä Solidaritéit ass keng Eebunnstrooss, kee Sens unique. Déi, déi gehollef kréien, mussen och eng Géigeleeschtung bréngen, hir eege Verantwortung iwwerhuelen an derfir suergen, dass se hir Statsschold, hir Budgetsdefiziter, hir strukturell Insuffizienzen an de Grëff kréien, zumindest mëttelfristeg.

Solidaritéit ass och op dem Gläichheitsprinzip opgebaut. Eng Gemeinschaft vu gläiche Partner, do passt déi Extrawurscht fir Finnland, déi bei de Griichenlandgarantië concédéiert ginn ass, einfach net an d'Bild eran. Sou bilateral Zousazgarantië si Géift fir eng Solidar-gemeinschaft. Do muss zréckgeruddert ginn.

Mir aner sollten, wéi och international Institutionen dat ëmmer méi maachen -Experte vum IWF, Experte vun der UNO -, an d'A faassen an net de Feeler maachen, dass mer ausschliess-lech an deenen Diskussiounen eis op d'Kappe vu Staatsausgaben, op d'Reduzéierung vu Scholde limitéieren. Mir mussen och d'Suerg hunn, mat deem méi luese Wuesstum, dee sech an Europa zurzäit ofzeechent, dass mer net vergiessen, dass mer iwwer esou Moossnamen, eesäiteg Moossnamen, och déi zaart wirtschaftlech Reprise, déi mer an deene leschte Semester kennt hunn, erëm eng Kéier ganz liicht kéinten a Fro stellen an eventuell souguer de Wee fir eng nei Rezessioun an Europa géifen opmaachen.

D'Efforten, déi bei der Konsolidéierung vun den öffentleche Finanzen verlaangt ginn, mussen och gerecht opgedeelt ginn. Dozou gehéiert och an eisen Aen eng Bedeelegung vum Privat-secteur, a besonnesch och vun de Banken.

Déi rezent Explosioun vum de Statsdefiziter hu schliesslech all am Endeffekt an der leschter Phas ze di gehat och mat de Statshëlfe, déi bei de Bankerettungen hu misse bezuelt ginn. De Bankesecteur huet also am meeschten och bei enger Statsfaillite ze verléieren. Duerfir ass et nëmme richteg, dass bei der Sich vu Léisungen, beim Schnüre vun Hëllefspäck och eng Participatioun vum Privatsecteur a vum Finanz-secteur mat berücksichtegt gëtt.

D'Sanéiere vun de Statsfinanze ka sech net eesäiteg um Bockel vun deene klengen a mëttleren Äkommisse maachen. Länner wéi Griichenland mussen och eng fair Chance behalen, erëm wirtschaftlech wuessen ze kënnen, an op deem A soll Europa och net blann sinn an deenen nächste Méint a Joren.

Wann d'LSAP-Fraktioun dëst Gesetz haut stëmmt, da gëtt se domadder selbstverständlech kee Blankoscheck fir d'Regierung, wat den Émgang mat där Statsgarantie ugeet. Hei gëtt e Maximum festgesat. Wann et da konkret gëtt, muss d'Chamber informéiert ginn. A wann nei Hëllefspäck geschnürt ginn, wa bei der Ausféierung vun deene bestehenden Hëllefspäck et zu wesentleche Changementer kënnt, wann zum Beispill Divergenzen an Europa optrieden, wat d'Aschätzung vun der Erfüllung vun de Bedéngungen ugeet, fir esou Suen auszebezuolen, da menge mir, dass d'Chamber vun der Regierung muss consultéiert ginn - consultéiert ginn, ier Décisiounen definitiv op europäischem Plang gefall sinn.

Et ass och am Interessi vun der Regierung, vum Finanzminister, dass bei esou grouse finanziellen Engagementer, bei esou Risiken d'Deputéierten, d'Vollektivverriedung enk mat agebonne bleibt an déi europäesch Entscheidungsprozesser. Dat stäipt och hinnen am Endeffekt politesch de Réck.

Am Regelfall soll déi Consultatioun iwwert de Wee vun eiser Budgets- a Finanzkommission hei an der Chamber lafen. An exzeptionelle Fäll, wann et ëm wierklech existenziell Froe geet, schéngt mer selbstverständlech ze sinn,

dass d'Chamber als Plénière och muss iwwert déi dote Froen diskutéieren.

Dës Prozedur brauche mer net onbedéngt gesetzlech festzeleeën, mä se muss fest Bestandteil si vun engem breede politeschen Accord, dee mer hei tëschent der Legislativ an der Exekutiv hunn. An de Minister Frieden huet jo an eiser leschter Sitzung vun der Finanzkommission och ze erkenne ginn, dass e prinzipiell mat esou enger Aart a Weis, fir virzegoen, och averstanen ass.

Essenziell ass et, dass dësen Dialog Regierung/Parlament net ex post, nodeem d'Décisiounen gefall sinn, stattfénnt, mä am Virfeld vun definitiven Entscheedungen op europäischem Plang. Nëmmen esou kënne mer zumindest usazweis och eng öffentlech Debatt iwwert déi Froen och hei zu Lëtzebuerg hunn.

Mir hu jo momentan de ganz seriöse Problem, dass an där relativ konfuser Diskussioun, wou déi Professionell scho Schwierigkeeten hunn, sech erëmzefannen an Europa, ronderëm den Euro, ronderëm d'Statsfinanzen d'öffentlech Meinung sech bal net méi kann erëmfannen.

Ech mengen, dass et och eng Aufgab ass vun dëser Chamber, déi dat jo och emol am Virfeld vun dem Referendum iwwert d'europäesch Vertrag gemaach huet, do méi eng aktiv Roll vläicht och no baussen ze spillen.

Déi doten essenziell Froen - wéi et an Europa weidergeet, wéi et mam Euro weidergeet, wat d'Souveränitätsrechter vun deenen eenzelne Staten ubelaangt, wéi vill méi Europa dass mer an der Eurozon vläicht brauchen -, dat dierfte Froe sinn, déi mer net däerfen de Populisten iwwerloossen. Dat si Froen, déi mer müssen de Courage och hunn, un d'Leit selwer erunze-droen. Mir müssen als Chamber, als politesch Parteien de Kontakt mat de Leit, mat de Bierger an deenen dote Froe sichen, well et existenziell Froen och vläicht fir Lëtzebuerg sinn, déi sech am Endeffekt an där ganzer Diskussioun do wäerten eraustellen.

Wat och wichteg ass nach eng Kéier heizou ze betounen, dat ass, dass mat deem Vote vun deem heite Gesetz sech näischt ännert un den Décisionsprozeduren a -mechanismen, déi gëllen an Europa, wat déi konkret Bereetstellung vun Hëlfe, an aner Staten ugeet. Et wäert och an Zukunft esou bleiwen, dass all Regierung muss hiren Accord ginn, ier eng weider Tranche un iergende Land ausbezuelt gëtt iwwert dee Rettungsprabbeli fir den Euro. Dat ass, mengen ech, och eng ganz wesentlech Fro, déi et wichteg ass, och weinst där Konfusioun, déi an der öffentlecher Meinung heiansdo entsteet, no baussen och kloerzemaachen.

Nach eng Kéier: Hei gëtt net iwwert de Griichenlandpak an d'Ausbezuolen vun deenen nächsten Tranchen an der Chamber ofgestëmmt. Dat gëtt op aneren Niveaue gemaach. Awer do muss ëmmer d'Lëtzeburger Regierung och mat d'accord sinn, fir dat ze maachen.

Déi mécht dat jo opgrond vun de Berichter och, déi se kritt vun der Troika, vun der Kommission, vun der Europäescher Zentralbank, vum Internationale Währungsfond, a si mécht dat och no Récksprouch mat deenen anere Regierungen. An ech denken, dass kee Stat en Interessi huet selbstverständlech, Geldgeschenker ze maachen. Wa schlussendlech déi Tranchen ausbezuelt ginn, dann ass e gudde Grond do, fir dat ze maachen.

Och wann ee selbstverständlech perséinlech den Androck huet, soufern ee selwer duerchgesäit, dass de Risiko, dass eventuell dat eent oder dat anert Land, an notament Griichenland, méi Schwierigkeeten huet, fir déi geléinte Suen zréckzebezuolen, sécherlech haut als méi grouss kann ageschat ginn, wéi dat nach virun etleche Méint de Fall war. Dat soll een och ganz daitlech soen. Dat soll eis awer net drun hënneren, fir op deem getrëppelte Pad awer konsequent virunzefueren.

Wichteg schéngt mer och ze sinn, dass bei där Décisioun iwwert d'Opstocke vun de Statsgarantien och op europäischem Niveau d'Décisioun gefall ass, fir deem Rettungsprabbeli och eng Rei vun zousätzleche Méiglechkeeten ze ginn, fir anzegräifen. Dat geschitt eben iwwer en Accord tëschent de Regierungen, wou och Texter scho virleien.

Do ass eben ënner anerem och festgehalde ginn, dass an Zukunft net nëmmen dee Rettungsfond do kann, wéi dat elo d'Zentralbank mécht, och Obligatiounen um Marché secondaire opkafen, mä och kann indirekt zumindest Banke preventiv Sue léinen. Dat schéngt mer eppes ganz Wesentlech ze sinn. Egal a wat fir Hypotheesen dass mer erarutschen an nächster Zäit, bleift dat doten e ganz wichtegt Handlungs-instrument, wat Europa sech iwwert deen heite Wee gëtt. An dorobber, mengen ech, kënne mer op jidde Fall net lichttankeg och verzichten.

Wat d'Aschätzung vun der däitsch/franséischer Initiativ ugeet, fir eng sougenannte Scholden-oder Defizitbrems an déi national Verfassungen anzuschreiwen, bleibt eis Fraktioun bei hirer Meinung: Si mécht fir Lëtzebuerg kee Sënn. D'Regierung war jo och esou klug, wéi se iwwert d'Verfassungsännerungen am Juni/Juli diskutéiert huet, an hiren Proposen, an hirer Stellungnahm och net nëmmen undeutungsweis eng Propos an déi dote Richtung hei an der Chamber eranzereechen.

Et ass ganz kloer, dass mer als LSAP zu enger Budgetpolitik stinn, déi mëttelfristeg muss équilibréiert sinn. Dorausser ergëtt sech dann och selbstverständlech eng begrenzte Stats-schold. Mir brauchen eng gewësse Budgetsdisziplin och hei zu Lëtzebuerg. Mä mir brauche keng gëlle Regel an der Verfassung, well ech der Meinung sinn, dass esou eng Regel politesch net opportun ass a juristisch komplett ineffikass ass. Mir kennen hei zu Lëtzebuerg zum Beispill keng abstrakt Normekontroll. Et ass kee Verfassungsgericht do, wat e Budget-gesetz géif kontrolléieren.

An drëttsen fannen ech et och relativ verweigen, dass d'Regierungen eigentlech d'Constituanten opfuere, an engem gewëssene Sënn hir national Verfassungen ze änneren.

Ech sinn eigentlech a menger Skepsis zu där ganzer Entwécklung do ronderëm déi Règle d'or bestätegt ginn doduerjer, wéi ech probéiert hunn emol déi Texter unzekucken, déi elo gestëmmt si ginn. Et ass ganz interessant. De franséischen Text, de spueneschen Text, dat, wat an Italien diskutéiert ginn ass, den däitschen Text: Dat si grondverschiedden Texter. Do steet a kengem datselwecht dran! D'Definitionen vun den Defiziter, d'Definitionen, wat gekuckt gëtt fir déi Defizitberechnung, dat variéiert total vun engem Stat an deen aneren.

Dat heescht, wat eigentlech hei duerch déi Ukënnegung sollt erreecht ginn, dat heescht, eng kloer Linn eranzebréngen an déi eenzel Staten, ass amgaang total erëm eng Kéier aus dem Rudder ze lafen, well jiddwereen aner Dispositionen drasetzt.

An esou eng Regel mécht jo eigentlech och nëmme Sënn, wa se nach eng gewësse Flexibilität och zouléist. Et muss ee jo och kënnen eng antizyklesch Budgetpolitik nach eng Kéier féieren. Et muss een also erëm eng Kéier déi Regel ofschwächen duerch aner Bestëmmungen, déi dann erëm eng Kéier net méi an der Verfassung stinn, mä déi stinn an normale Gesetzter dran. Alles dat - mengen ech - féiert dozou ze soen, dass dat Ganz am Endeffekt eng gutt Ukënnegung ass, déi a priori gutt kléngt, mä déi ech awer nach ëmmer an d'Kategorie vun der Symbolik oder, méi graff gesot, vun der Schaumschleierei géif wëllen aklasséieren.

E lescht Beispill zu där ganzer Fro do: Däitschland huet zënter 1949 och eng Aart Scholdebremse a senger Verfassung dran. No deene Rapporten, déi ech konnt liesen, ass insgesamt zéngmol bis elo déi däitsch Verfassung op deem dote Punkt violéiert ginn. Esou wäit zur Wirksamkeit vun esou enger gëllener Regel!

Ech mengen och, dat hunn ech och scho gesot, dass et net vill bréngt, d'Budgetpolitik eleng op den Équiliber ze reduzéieren, mä dass d'Budgetpolitik och méi ass wéi nëmme d'Recherche vun engem Gläichgewicht. Mä Budgetpolitik huet eppes mat Inhalter ze dinn, huet eppes mat Infrastrukturpolitik ze dinn, huet eppes mat Ausgaben am soziale Beräich ze dinn. A wa mer iwwer esou Froen diskutéieren och an der Verfassung, mussen déi doten Elementer selbstverständlech och mat berücksichtegt ginn. Mir kennen net nëmme eis op esou eng gëlle Regel reduzéieren.

An ech wëilt, fir dat ofzeschlëssen, nach e lescht Zitat uféieren. Et ass méi rezent. Et ass vun engem - mengen ech - groussen Europäer geprägt gi gëschter, dem Jacques Delors, deen iwwert d'Règle d'or am Allgemengen - en huet net nëmme iwwer Frankräich geschwat - Folgendes gesot huet: «On se fout du monde. La règle d'or, d'abord, ça fait rêver, c'est une bonne opération de marketing, mais derrière, c'est le vide.» Méi ass, mengen ech, dozou net ze soen.

Mä wat mer brauchen, an dat ass méi seriö, dat ass selbstverständlech Efforté fir d'Gouvernance économique an Europa ze verbessern, besonnesch natierlech an der Eurozon. Europa an d'Eurozon brauche méi eng staark wirtschaftlech Zesummenaarbecht. Wichteg ass natierlech och, dass all déi politesch Accorden, déi bis elo getraff si ginn, och am Stabilitéitspakt a verbindlech Texter ëmgesat ginn. Souwisou deen Text, deen huet supranationale Charakter an et ass eigentlech deen, deen am Fong am Endeffekt zielt. An do sinn d'Diskussiounen jo och nach amgaang tëschent dem Europaparlament an dem Conseil, fir sech do eens ze setzen an zu enger Rei vun neie Proposen ze kommen.

Nei Proposen, där gëtt et der ganz vill. Et ver-geet keen Dag, wou net iergendee Politiker an Europa mat neie Propose kënnt. Et sinn där seriöer derbäi; et sinn der och e bësse farfeluer derbäi, déi sech mam Fändel jo ofginn. Quitte dass e Fändel och eppes ganz Wichtiges ass, wat mir jo och emol zu Lëtzebuerg diskutéieren. Mä ech mengen, dass déi Halbmast-Diskussioun an Europa eis net wäit féiert.

A wat virun allem opfällt: Soubal eng Iddi kënnt, da kënnt direkt eng Géigeproposition mat derbäi. An dat ass en desastréist Bild, wat Europa als Ganz momentan gëtt. Dat muss ech soen. Dat ass eng kollektiv Verantwortung, déi d'europäesch Politiker do vun alle Borden hunn. Mä et ass evident, dass dat Bild, wat Europa gëtt, éischters e Bild ass vun enger Gemeinschaft, déi wierklech an der Kris ass, net nëmme mat enger Kris konfrontéiert ass, mä wierklech an enger déiwer Kris stécht. An et kann ee roueg soen, dass d'EU dee Stresstest, deen hir d'Finanzmäert eigentlech opgezwo-gen hunn, amgaangen ass ze verfeelen.

E Wuert vläicht och awer iwwert déi Finanz-mäert, wéi mer dat esou léif ausdrécken. Dat kléngt jo alles relativ positiv. Ech hat den Androck, dass déiselwecht zum gudden Deel och responsabel waren enger décker Kris, déi virun zwee, dräi Joer lassgetrëppelt ginn ass. An déiselwecht Finanzmäert, déi joen eigentlech - déi joe momentan! - d'europäesch Politik an deelweis och d'Nationalpolitik viru sech hir.

Wie sinn dat - déi Finanzmäert? Wie stécht do hannendrun? Sinnen dat nëmme Leit, déi dat legitim Interessi vertrieden, fir d'Sécherheet vun hire Placementer garantéiert ze hunn? Oder sinn net do och vill Spekulant hannerndrun? Spekulant um Bockel vun der Gesond-heit vun den eenzelne Länner hei an Europa?

Et ass eigentlech dat, wat net akzeptabel ass. An et ass duerfir, wou mer och als Sozialisten drop drängen, dass an där ganzer Diskussioun iwwert de Wee, deen Europa geet, mer net vergiessen, och iwwert d'Regulatioun vun de Finanzmäert ze schwätzen, an och net vergiessen, iwwert de Verbuet vun eenzelnen Transaktiounen ze schwätzen.

Och eng Finanztransaktionssteuer, wa se breet ugeluecht ass, däerf net aus der Diskussioun eraus sinn. Do gëtt et also eng ganz Rëtsch vu Froen, déi een net däerf aus den Ae verléieren an déi et wichteg ass, och gläichzäiteg ze behandeln.

Mäi Frënd, de Fayots Ben, wäert a senger Intervention och nach am Detail op eng Rei vu méi institutionelle Froen, déi Europa betreffen, agoen.

Ech wëll just zum Schluss soen, dass mer als LSAP-Fraktioun dëst Gesetz wäerte stëmmen, net mat Begeeschterung - wie mécht dat schonn? -, et gëtt ëmmer e gewëssene Risiko, net nëmme e gewëssenen, mä e reelle Risiko, dee mat der Operatioun hei verbonden ass, mä awer aus der Gewëssheet eraus, dass an allen Hypotheesen zousätzlech Hëlfe fir eenzel Eurolänner noutwendeg wäerte bleiwen.

Egal wat geschitt, mir kommen net un engem gewëssenen Deel vu Solidaritéit derlaanscht. An dat heiten Instrument, dat gemeinsam Instrument ass nach ëmmer dat besch, fir déi Solidaritéit do konkret auszeüben. An dat haut ze refuséieren, ass a mengen Aen net nëmme géint d'Interesse vun Europa, mä och géint d'Interesse vu Lëtzebuerg.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Alex Bodry. Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

► **M. François Bausch (déi gréng).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jo, och déi gréng wëllen dësen Ausbau vun der europäescher Stabilitéitsfacilitéit stëmmen an allen Dimensiounen, wéi se scho vu menge Virriedner duergeluecht goufen. Dat erspuert mer och souwisou nach eng Kéier op déi Detailler anzegoen, well ech lech net heibanne wëll langweilen. Ech wäert awer duerfir meng Zäit wëllen notzen, fir e bësse méi ausféierlech iwwert d'Scholdekris an dee ganze politeschen Imbroglia, dee sech de Moment do opbraut ronderëm, ze diskutéieren.

Mir sinn éischters der Meinung, datt dat, wat mer haut stëmmen, néideg ass, a mir sinn zweetens der Meinung, datt e klengt Land mat enger grousser Bankeplaz eng besonnesch Verantwortung an dëser Finanzkris huet. Däer mussen mer eis stellen, an dat heescht, mir mussen mat deem, wat mer hunn, zu der Léisung vun deem Problem do bäidroen.



Elo ass et jo esou, datt, wann ee kuckt, wat fir eng Diskussiounen an Europa lafen, an Däitschland am Moment virun allem, wou ee Verschiddener bal net méi erëmerkennt an deem, wat se soen an deene leschte Wochen... Ech fäerten och, datt mer haut de Mëtteg wäerten nach esou Saachen ze héiere kréien, datt gemengt gëtt: „Ma, wat hu mir eigentlech domat ze dinn? Mir bezuelen do fir d'Banken, fir d'griicheschen Banken, fir e griichescht Land, e Land, wat jo eigentlech nëmme Misswirtschaft gemaach huet déi lescht 20 Joer.“ An esou weider an esou virun. „A wär et net méi einfach, kommt, mir loosse se faillite goen an da kënne se aus dem Euro goen, an dann hu mir dee Problem net hei op eise Schëllere leien.“ An esou weider.

Ech wëll éischters emol drop hiweisen, datt eigentlech d'griichescht Schold, déi gesamt Schold, 2% vum PIB vun der Europäescher Unioun ausmécht. A wann et wierklech nëmme géif drëm goen, ech schwätzen emol net vu Facteuren, datt déi Saachen, déi gesot ginn, net stëmmen, respektiv datt et engem net kann egal sinn, ob e Vollek zugronn geet, mä eleng déi 2% do, et ass net dat, wat d'Banken an och net d'Europäesch Unioun un de Rand vum Ofgrond oder vum Ruin wäert bréngen.

De Problem, dee sech stellt, an dee schéngt nach ëmmer net esou richteg verstan ginn ze sinn, oder - loosse mer et besser esou ausdrécken - et gëtt der ëmmer méi, déi léiwer nationalpolitesch op déi nächst Wahlchéance kucken oder op hir sinkend Umfragewäerten an dann d'Kaart vun dem Nationalismus wëllen ausspillen, wat ganz geféierlech ass, an dann de Leit egal wat zielen an eigentlech da laanscht den Thema wëllen diskutéieren.

Well, ëm wat geet et hei eigentlech? Et geet wéi gesot net ëm déi griichescht Schold, déi also nëmme 2% - ech betounen nach eng Kéier: 2% - vum europäesche PIB ausmécht. Dat verkraaft mer locker. Mä et geet drëms, datt, wann d'griichesche Ekonomie zesummebrécht respektiv - also, déi ass jo schonn zesummegebrach -, mä wann de griichesche Stat faillite geet, dann ass et glaskloer, da kommen déi nächst Etappen hannendrun.

Déi si jo schonn amgaangen, déi gi jo scho virbereet. Da kënnt Irland, da kënnt Spuenien, da kënnt Portugal, da kënnt Italien. A spéitstens bei deene Genannte wéi Spuenien an Italien, dann hu mer net nëmme e Schnapp an en Houscht, mä dann hu mer méi wéi eng Longenentzündung an der Europäescher Unioun an och hei zu Lëtzebuerg. Et muss jo awer kee mengen, mir géifen hei op enger Insel am loftleere Raum wunnen a mir kéinten eis där Situatioun do entzéien.

Et geet also hei drëms kloerzemaachen, datt mer an enger Schicksalsgemeinschaft sëtzen, wou mer ee vun deem aneren ofhänken a wou souwiso mer keen anere Choix hunn, wéi d'Solidaritéit spillen ze loosse a versichen ze verhënnere, datt deem Dominoeffekt do weider spillt.

Ech ka jo och nëmme staunen, wann ech Leit héieren esou Saachen zum Beschte ginn, egal och wann et an engem grouse Land ass wéi an Däitschland, wann da gesot gëtt: „Mir hunn näischt domadder ze dinn an et ass eis egal.“ An esou weider an esou virun. „Mir sinn dichteg, kuckt emol eis Konjunktur, wat ass déi esou gutt gaangen d'lescht Joer.“

Da vergësst een ze soen zum Beispill e klengen Detail, also éischters emol, datt Däitschland zum Beispill en absolut Exportland ass an datt Däitschland esou gutt dosteet, datt huet näischt domat ze dinn, datt innerhalb vun Däitschland esou brillant alles tipptopp ass, mä well Däitschland als grouss Exportnatioun enorm konnt exportéieren déi lescht zwee Joer an datt iwwer 50% vun den Exporter innerhalb vun der Europäescher Unioun zum Beispill ginn. An datt, wa mer einfach higinn a mir loosse Länner zesummebriechen a verfaulen - Griichenland, Italien, Spuenien, wien och nach ëmmer -, dann ass et séier eriwuer mat deem Export vun Däitschland. An da wäert jo awer kee mengen, datt och e groust a wirtschaftlech staarkt Land wéi Däitschland net och relativ séier an der Rezessioun sténg an an deem nämlechte Schlamassel stieche géif wéi déi Länner, déi elo betraff sinn.

An da froen ech mech iwwerhaupt, wat ee sech wëllt frstellen, wann ee gesäit, a wat fir enger Welt datt mer de Moment liewen, wou mer konfrontéiert sinn an enger globaliséierter Welt mat Giganten, wirtschaftleche Gigante wéi China, déi sech entre-temps esou lues - ech soen emol op gutt Lëtzeburgeresch - de Spunnes erlaben a soen: „Mir kafe ganz alles op, wann et muss sinn. Mir si bereet, lech ze hëlle-

fen, mir ginn lech d'Geld.“ - an esou weider an esou virun -, wou een dann de Courage nach wëllt eraushuelen, fir heihinnerzekommen an ze soen: „Eis ass Griichenland an alles, wat elo geschitt, komplett egal. Mir si Lëtzebuerg a mir hunn eis Souveränitéit hei ze verteidegen a mir géifen eleng ganz gutt eens ginn an där Situatioun, wou mer do liewen.“

Also, beim beschte Wëllen, dat mag vläicht kuerzfristeg populistesch ganz gutt kléngen, mä de Schued, deem een domadder urricht an de Käpp vun de Leit an der Bevölkerung, deem ass gawaltig. An de Schued, deem ee mëttelfristeg domadder urricht, dat ass fir mech irresponsabel. An ech muss lech och ganz éierlech soen, deelweis iwwer verschidden Aussoen do kënnt mer esou lues den Dégoût héich, wann ech lauschteren, wat eenzel Leit zielen, well se eigentlech mat der eegener Bevölkerung spillen aus wierklech klengkaréierten, primitivste politeschen Iwwerleungen eraus. An dat ass net méi nozelauschteren.

Wa mir dat awer matstëmmen an och der Meinung sinn, datt et souwiso keen anere Choix gëtt, aus deene Grënn, wou ech genannt hunn, dann ass dat awer net, well mer der Meinung sinn, datt mer schrecklech zefridde si mat deem, wat d'Regierungen eis an Europa zum Beschte ginn a wéi se mat där Kris do ëmginn. An et gëtt duerfir och erëm Zäit, mengen ech emol, fir nach eng Kéier erëm de Bilan ze zéien, fir ze soen, datt et hei net nëmme drëms geet, wa mer hei mussen hëllefen, ëm e puer onverantwortlech Regierungen ëm d'Mëttelmier, déi an deene leschte Joren iwwer hir Verhältnissen gelieft hätten a fir déi mer elo musse vun eise batter verdéngte Suen e puer hierginn.

Natierlech gëtt et eng Rei Länner, déi méi Scholde gemaach hunn oder vill ze vill gemaach hunn an déi och eng schlecht Governance haten. Griichenland ass sécher eent vun deenen. Mä dat ass awer net de Grondproblem vun där Kris, an där mer dra sinn.

Et muss een awer vläicht drun erënneren, vu wou déi Kris ausgegangen ass. Genau virun dräi Joer ass Lehman Brothers an den USA zesummegebrach. Dat war den Ausléiser vun enger dramatescher Bankekris, déi zur gréisster Rezessioun zënter 1929 gefouert huet. D'Ursach awer war an ass a bleift och, datt d'Liberaliséierung vun de Finanzmäert iwwert déi lescht 30 Joer am Fong den Ausléiser dovun war.

Déi Liberaliséierung vun de wichtege Regeln, déi bis dohinner geholl gi sinn, déi huet et méiglech gemaach, datt Privatleit sech konnten iwwerschëlde, datt d'Banken hir risikoräich Kreditter ausgelagert hunn, de Risiko esou verstoppt gouf an d'Banke vill ze wéineg Eegekaptal fir vill ze vill Kreditter haten an och de State vill ze einfach Kredit ginn hunn an deene leschten 20 Joer.

No der Bankekris vun 2008 gouf zwar vill geschwat iwwert d'Reguléierung vun de Finanzmäert, de Banken an den Investitionsgesellschaften, awer eigentlech ass bis elo nach net schrecklech vill gemaach ginn an der Praxis. Zu den noutwendige Reguléierung vum de Finanzmäert gehéiert zum Beispill eiser Meinung och, datt ee sech Gedanke mécht oder muss maachen iwwert dee reelle Schued, deem Offshore-Finanzgeschäfte maachen. Offshore-Banking ass eng Realitéit mat dramatesche Konsequenze fir vill Länner. An nëmme wéineg Leit profitéieren dovunner.

D'Bankekris vun 2008 gouf iwwerdreien, andeems eng Rei State mat Milliardenzommen d'Banke gerett hunn an hir faul Kreditter iwwerholl hunn. Dat ass zum Beispill fir Irland de Fall. An dat ass och dat, wat oft vergiess gëtt, wa mer iwwert déi Länner diskutéieren, datt et grondsätzlech ënnerschiddlech Situatiounen gëtt, jee nodeem wat fir ee Land mer kucken a wou déi Verscholdung hierkënn.

A Griichenland ass ganz sécherlech e ganz gudde Deel hausgemaach. An Irland awer net! Irland ass esou héich verschëllt haut, well Irland natierlech déi grouss Finanzplaz hat oder huet, an do déi Finanzplaz an déi Banke mat deene Geschäfte besonnesch getraff gi sinn. Irland huet missen als kleng Stat eng Rei Banke carément retten. An déi ganz irländesch Schold kënnt haaptsächlech duerch d'Rettung vu Banken.

A Spuenien huet et erëm aner Grënn. A Spuenien huet et Grënn vun enger Immobilienblos, déi geplazt ass, déi awer ënnert dem Stréch och mat de Finanzmäert ze dinn huet, well et si jo a Spuenien net normal kleng Leit, déi déi Immobilienblos verursaacht hunn, mä och oft erëm eng Kéier Fongen, déi am Immobilienberäich tätég waren.

A Portugal ass d'Situatioun erëm eng aner. A Portugal ass effektiv éischer eng typesch Statsverscholdung, e Stat, deem iwwer seng Verhältnissen gelieft huet. An Italien zu engem groussen Deel och. Duerfir, wéi gesot, alles dat muss ee bedenken, wann een doriwwer diskutéiert.

An elo, wann ech kucken, wat an deene leschte Méint respektiv zënter 2008 geschitt ass, quasi zur gläicher Zäit hunn d'Banken an d'Investitionsfongen ugefaange mat de Statsscholden, virun allem vun den Eurolänner, ze spekuléieren. An zënterhier lafen eis europäesch Regierungen nëmme nach hannendrun, huelen hir Décisiounen ze spéit an ze hallefhäerzeg!

An elo kënnt d'Diskussioun op, well natierlech d'Vertrauenskris tëschen de Banken nach ëmmer net behuewen ass, d'Banke sech ënnereenen nach ëmmer - déi grouss, ech schwätzen hei natierlech vun deene grouse Banken -, sech nach ëmmer net Geld léien. Elo gëtt gesot, da muss weider Geld op de Marché gepompelt ginn, Geld gedréckt ginn, wéi een esou schéi seet. An da gëtt gemengt, dat wier de richtige Wee.

Mä wat ass dann d'Konsequenz dovunner? Mir iwwerschwemmen d'Marchéen dauernd mat Geld, wat gedréckt gëtt vun den Zentralbanken, fir et emol salopp auszedrécken. Wat ass dann d'Konsequenz dovunner? Et soll jo awer kee mengen, datt dat d'Vertrauenskris ophieft. Au contraire!

Déi Suen, déi do op d'Marché gespullt ginn an der gudder Hoffnung, datt se genotzt ginn, fir datt d'Investissementer erëm ugekuerbelt ginn, dat heescht, datt d'Kreditklemm ofgediert gëtt oder ofgebremst gëtt, déi ginn erëm eng Kéier genotzt vun deenen nämlechten, déi eis an d'Kris vun 2008 gefouert hunn, fir Spekulation ze bedreiwen, virun allem zum Beispill géint d'Eurolänner a géint den Euro!

Ech wëll lech nëmme just zitéieren, et ass en Zitat, wat ech huele vun engem däitschen Ekonomist, deem éischer aus dem sougenannte lénks-kathoulesche Milieu kënnt - et ass en Zitat aus enger Zäitschrëft, déi heescht „Publik-Forum“, wat eng däitsch kathoulesch Zäitschrëft ass, mä et ass awer en Ekonomist, dee ganz gutt ass; mir haten deem och eng Kéier schonn op Lëtzebuerg invitéiert -, deem dozou Folgendes schreift, a wat menger Meinung no ganz zoutreffend ass, hie seet:

„Die europäische Zentralbank druckt immer mehr Geld und pumpt es in die Schuldnerländer Europas. Christine Lagarde, die neue Chefin des Internationalen Währungsfonds, will der Bankenwelt am liebsten noch mehr Geld zur Verfügung stellen, weil diese sich gegenseitig immer weniger leihen. Immer neue Geldschwemmen sind jedoch nicht Teil der Lösung, sondern Teil des Problems! Statt die wirtschaftlichen Probleme anzugehen, füllen sie die Taschen derer, die ohnehin schon genug haben und nichts zur Lösung der Probleme beitragen. So nehmen die Banken und Investmentfonds das Geld und spekulieren einfach weiter wie bisher bis zum nächsten Crash!“

An dat ass genau deem Zeenario, dee mer de Moment erliewen!

Wa mer dann op där anerer Säit kucken, wat d'Léisungen - entre Guillemets d'„Lösungen“ - sinn, déi d'Politik oder d'europäesch Regierungen oder d'Europäesch Unioun sech afale loosse, esou ass et ëmmer erëm dat nämlecht: ausschliesslech Austeritéitspolitik, also d'Ausgabe reduzéieren, virun allem natierlech bei de Sozialausgaben, an d'Steieren, un de Steierschrauwen dréien.

A wann un de Steierschrauwe gedréit gëtt, gëtt un deene falsche gedréit, well et gëtt an der Regel un der TVA gedréit. A wien trifft d'TVA am härtesten? Souwiso déi Leit, déi am mannsten hunn! Well d'TVA ass, wéi mer wëssen, net progressiv, keng progressiv Steuer, et ass eng Konsumsteuer. A wa mer esou d'TVA erhéije ginn, wéi et zum Beispill a Griichenland de Moment geschitt oder och an anere Länner, da kréien déi der virun allem laanscht d'Läffelen, déi souwiso schonn d'Verléierer si bei der Kris a bei deem Ganzen. Da menge mer, domadder géife mer de Problem léisen. Dobäi ass gewosst, datt dës sougenannte fiskalesch Konsolidatioun net dem Stat hëllef, säi Budget an den Équiliber ze bréngen.

An da gëtt och nach niewebäi, an dat muss een awer och emol eng Kéier soe wéi et ass, och wa mer wëssen, datt et strukturell Problemer am Pensionswesen an am Krankeesewiese gëtt, mä et gëtt awer hei ganz kloer niewebäi versicht vu verschiddene Kräften, déi Kris entretemps auszenotzen, fir ratzalek de Sozialstat wierklech auszuhielechen an en an eng Richtung ze dréien, déi contraire ass zu deem, wat mer an der europäescher Sozialstatstraditioun an deene leschte 50 Joer kannt hunn.

An do schwätzen ech elo net... Ech weess, datt et do an den eenzelne Parteien ganz ënnerschiddlech Meinungen gëtt. Ech wëll elo net behaupten, datt an iergendenger Partei eng Partei unisono där doter Meinung wier, mä et gëtt der awer entre-temps vill ze vill, déi där doter Meinung sinn an déi där doter Strategie nolaufen.

Duerfir gëtt och, eiser Meinung no, eng grondsätzlech falsch Politik gemaach, déi

grouss Risiken dréit, déi zum Vertrauensverlust an der Europäescher Unioun vun de Bevölkerungen an d'Institutiounen féiert, ëmmer méi staark an deene Länner, wou de Moment déi Austeritéitsprogrammer lafe souwiso, mä och ëmmer méi an deenen anere Länner. Well et soll ee sech näischt virmaachen: D'Leit gesi jo, wat geschitt, a si spieren och, wat op se zoukënn, a si gesinn eigentlech, datt et net ganz gerecht zougeet.

A well mer souwiso, eiser Meinung no, duerch esou eng Politik an déi nächst Rezessioun wäerten erarutschen, verréngere sech natierlech net d'Scholde vun de Staten. Au contraire! Dat wäert dozou féieren, datt d'Scholde riskéieren nach méi an d'Luucht ze goen. An dann, an der Konterpartie, wa mer näischt maachen an dat Spill do net duerchbriechen, wäerten d'Finanzmäert et weider richten a weider spekuléiere géint den Euro, géint eenzel Länner, an dozou bäidroen, datt mer wierklech an den Ofgrond rutschen.

Dat huet domat ze dinn... Do kann ee sech froen: Ma wéi dann, sinn déi dann alleguer geckeg? Neen! Mä dat huet domat ze dinn, datt de Maart blann ass par rapport zu esou Konsequenzen. De Maart ass e gutt Instrument fir d'Schafung vu Räichtümer. Mä de Maart ass komplett blann par rapport zu sozialen, ökologeschen oder gesellschaftspolitesche Konsequenze vun deem, wat geschitt. A wann een e Maart net reguléiert, dann ass et relativ kloer, da leeft e blannemännerchers mat an d'Katas-troph. Well et geet just drëms, de kuerzfristige Profit ze maximéieren. A wann d'öffentlech Hand keng Regele schafft, gëtt dat net gesinn.

Historesch Beispiller gëtt et genuch. Mir haten der am leschte Jorhonnert vill ze vill, déi grausam, grausamst Konsequenze fir d'Mënscheit haten! Wat war dann d'Konsequenz vun 1929, well jo ëmmer de Parallelismus gezu gëtt zu där Kris hei par rapport zu där? Mä d'Konsequenz, dat war de Faschismus an den Zweete Weltkrich!

Mir sinn natierlech net elo um Virowend vum Faschismus oder vum Zweete Weltkrich, dat wëll ech net behaupten, mä et muss een awer wëssen - wat ech vidru gesot hunn -, datt, wann d'Politik net versteet, datt d'Politik erëm muss d'Iwwerhand gewannen an déi Mäert do reguléieren an derfir suergen, datt d'Gerechtigkeit erëmkennt, datt och Ëmverdeelungsgerechtigkeit erëmkennt, da kënne mer awer ganz séier an déi Situatioun kommen.

Duerfir ass eis Meinung, datt dat, wat mer elo hei maachen, sécherlech e kleng Fortschritt ass, well mer eigentlech duerch dat, wat am Juli festgehalde ginn ass a wat mer haut wäerte stëmmen, nach méi déi Gemeinschaft zesummeschweessen an effektiv domadder ze verstoe ginn, datt et eigentlech keen anere Wee gëtt. Mä et ass net d'Léisung vum Problem!

Mir hunn och eng Rei Problemer oder Suergen, loosse mer emol esou soen, mat Saachen, déi heideran enthalte sinn. Et ass vidru gesot gi vum Här Bodry, et wier jo elo eng gutt Saach, datt d'EFSF zum Beispill och kéint Statsscholden opkafe goen, dat heescht, dat maachen, wat d'Zentralbank an der Nout elo tëschenzäitlech gemaach huet. Dat bedeit dann natierlech ënnert dem Stréch, datt, wa spekuléiert gëtt, zum Beispill haaptsächlech géint Länner wéi Spuenien an Italien, dat awer net esou evident gëtt.

Da muss ee sech natierlech d'Fro stellen, ob dee Schierm, dee mer hei opgespaant hunn, wann dat relativ oft gemaach gëtt, wéi séier, wéi laang datt deem nach duergeet. An ech mengen och net, datt dat... dat kann ëmmer nëmme eng absolut Noutlösung sinn! Well dat kann net d'Konsequenz dovunner sinn, vun esou enger Regelung, well soss riskéiere mer jo wierklech carrément nach ze förderen, datt monter géint Spuenien zum Beispill oder Italien spekuléiert gëtt.

Mä d'Fro, déi ee sech natierlech muss stellen, och wa mer dat hei haut stëmmen, ass, wéi et elo weidergeet. Et geet jo am Moment vill Rieds iwwert de Risiko vun enger neier Rezessioun. Zu Recht, eiser Meinung no, well d'Parametere, déi sinn net ganz glécklech. An alles dat, wat de Moment geschitt, a virun allem och natierlech déi vill Politiker, déi an Europa déi verrécktesten Theorien vertrieben, och dat dréit net zum Vertraue bäi, a sécherlech verschäerft dat éischer d'Situatioun, wéi datt et se berouegt.

Mä et kann een awer natierlech och net an d'Zukunft kucken an et weess een och net, wéi et sech weiderentwéckelt. Wat mer awer wëssen, dat ass, wéi Finanzkrise vun där doter Envergere, vun där, wou mer elo zënter 2008 dra sinn, wéi se sech kënnen entwéckelen, andeems mer an d'Vergaangenheet kucken, andeems mer eis ebe méi wéi eng Kéier an Erënnerung rufen, wat eben an der Vergaangenheet geschitt ass. An da gesäit een, wat ka passéieren oder wat kéint passéieren, wat ganz



probabel Zeenaríoe sinn. An ech mengen, et ass dat, wat mer eis musse virun Aen halen.

Duerfir weess een och, datt et net eriwwer ass mat der Finanzkris. Nom Platze vun der Kredit-blos an der Bankekris koom et eben zur Verla-gerung vun de faule Kreditter bei déi öffentlech Hand. Déi si jo net vun haut op muer ver-schwonnen. Well déi awer a verschiddene Län-ner... oder well verschidde Länner, loosse mer esou soen, iwwer hir Verhältnisser gelieft hunn a well se schonn e Konjunkturprogramm awer décidéiert hu virun zwee Joer, gëtt et elo ze vill Scholden an der öffentlecher Hand. Duerfir ass aus enger Bankekris eng allgemeng Statsschol-dekris ginn, zousätzlech. An duerfir brauch ee selbstverständlech eng Léisung. Mä d'Léisung läit net an deem, wou mer am Moment amgaange si vill ze diskutéieren, mat verschid-den Ausnahmen, op déi ech nach wäert zrëck-kommen.

An Europa musse mer eis d'Fro stellen, ob mer weider un der Iddi vun enger EU wëlle schaf-fen, déi duerch sozialen Ausgläich, duerch eng gemeinsam an ausgeglachen ekonomesch Ent-wëcklung, duerch Rücksicht op d'Begrenztheet vun de Ressourcen de Friden an de Wuelstand an Europa an doriwwer eraus wëllt erhalen. Dat ass eigentlech déi wesentlech Fro, déi mer eis musse stellen. A mir als Gréng, dat soen ech ganz däitlech, si fir déi dote Variant.

D'Alternativ dozou wier en Zréck an national-staatlech Revéieren. Bei der därzäiteger ekono-mescher Situatioun, genau wéi an där an den 30er Joren, hätt dat eiser Meenung no drama-tesch Konsequenzen a géif eis an d'Katastroph féieren. Duerfir stinn och déi gréng zu Europa. A mir stinn dozou, datt Griichenland zur Euro-zon gehéiert an och weider muss gehéieren. A wa mer an eisen Dreem géifen drun denken, datt Griichenland d'Eurozon kéint verloossen, da wieren dat fir eis éischter déi schlëmmsten Albdreem.

déi gréng stinn allerdéngs och dozou, datt Lët-zebuerg muss solidaresch si mat deem Europa, vun deem et jo lieft, a vill a gutt gelieft huet. Well ouni eis Nopereen an ouni d'Eurozon wiere mer haut net do, wou mer sinn! Mir hunn onheemlech - dat musse mer eis emol eng Kéier agestoen, wa mer och op där enger Säit elo déi Finanzliberaliséierung kritiséieren -, mir hunn als Lëtzebuerg onheemlech dovou profi-téiert. Mir sinn dat Land an der Europäescher Unioun, wat de loin am meeschten dovunner profitéiert huet.

Dat heescht, mir hunn eis eigentlech an deene leschten 30 Joer hei zu Lëtzebuerg net genuch oder net wëlle mat de Risiken an negative Konsequenzen dovou beschäftegen, well et eis op d'Käschten dovunner ganz gutt gaangen ass. An duerfir hu mer och, eiser Meenung no, haut eng besonnesch Responsabilitéit a mir musse besonnesch bereet sinn, och eppes Klen-ge wéinstens dovunner zrëckzeginn, wat mer kritt hunn.

Mä mir mengen awer, datt an der Europäescher Unioun, no der Ausweitung elo vum EFSF, misst iwwer eng ganz Rei konkret Saachen diskutéiert ginn. Ech wëll och direkt däitlech maachen, dat, wat eis am mannsten interesséiert, dat ass déi Diskussioun, déi elo entstanen ass, déi wo-chelaang oder - jo, wochelaang kann ee soen - sämtlech Zeitungen a Medien an Europa be-schäftegt, nämlech: Bleift den Här Juncker nach nom Hierscht President vun der Eurozon oder kréie mer en europäesche Finanzminister? A wie soll dat ginn? An da gi 50 Nimm zitéiert an esou weider.

Dat interesséiert eis - an dat huet elo näischt mat eisem Premierminister ze dinn - eigentlech rose weineg, well de Problem léist sech jo net, andeem mer ee Kapp duerch een aneren er-setzen an Europa oder respektiv em en neien Titel ginn, oder ob mer an der Kommissioun en usiedelen oder wou och ëmmer. Dat ass sécher-lech och eng institutionell Diskussioun, déi ee ka féieren, mä dat ass awer déi allerlescht an déi allermannst eigentlech wichtegst, fir ze féieren.

Déi wichtegst, déi ze féieren ass, dat sinn déi inhaltlech Froen, déi ze kläre sinn. An déi in-haltlech Froen, dat ass, éischstens, d'Regula-tioun vun de Finanzmäert. Zweetens, eng euro-päesch Wirtschafts- a Sozialpolitik ze kréie mat enger europäescher Wirtschafts- a Sozialregie-rung, fir och inhaltlech ze definéieren, wat dat ass.

An dann, drëttens, d'„Euro-Bonds“ seriö ze huelen, natierlech net einfach esou, mä ënner ganz kloze Konditiounen, mat Spillregelen, mat strenge Spillregelen, wou natierlech net méi jiddweree ka maachen, wat e wëllt. Well, wann ech vun enger gemeinsamer wirtschaftlecher Politik oder Finanzpolitik, also Wirtschaftspolitik schwätzen, dann heescht dat natierlech och, datt verschidden national Souveränitéits-spillraum musse agéengt ginn, soss kann et net fonctionnéieren!

Wa mer weider mengen, mir kéinte just elo do zwee, dräi Leit iergendwou hisetzen an d'Euro-päesch Unioun an déi géifen dann do grouss Theorien zum Beschte ginn, an ënnert dem Stréch, national, maache mer all weider - deen een huet e Kierperschaftssteiersaz vun 8% an deen aneren ee vu 44%, an d'Bemiessungs-grundlag vun der Betribsbesteuerung, déi wier an deem enge Land e Schwäizer Kéis an an deem anere Land wier se enk gestrafft -, dann ire mer eis!

Duerfir sinn dat déi Froen, déi fir eis déi wich-tegst sinn an iwwert déi misst intensiv disku-téiert ginn. An net, ob de Mister x oder de Mis-ter y oder d'Madame y, fir dann awer och emol eng Fra an d'Spill ze bréngen, deen een oder deen anere Poste kritt.

Da kommen ech bei den drëtte Punkt. D'Be-trihsbesteuerung an d'Besteuerung vu Kapitalge-sellschaften, haaptsächlech d'Bemiessungs-grundlag a virun allem och d'Fixatioun, eiser Meenung no, vu minimale Steiersätz misst en Thema ginn. Mir sinn net der Meenung, datt kee Wettbewerb méi soll an Europa kënne spillen. Et ass sécherlech esou, datt an Europa duerchweegs nach kënne Spillraum bestoen. A mir mengen net, datt alles iwwer ee Leescht muss gezu ginn. Mä et musse awer minimal Konditiounen geschafe ginn, déi fir jiddwereen eenegermoossen d'nämlecht sinn, well soss profitéiere mer ëmmer een op d'Käschte vun deem aneren, während enger kuerzer Zäit, a mir riichten eis awer ënnert dem Stréch ge-meinsam zugronn. Dat ass d'Konsequenz do-vun.

Dann natierlech d'Finanztransaktionssteuer; et ass och fir eis wichtig, datt iwwert déi ge-schwat gëtt. A last but not least eng ekologesch Steuerreform, déi natierlech fir eis méi ze dinn huet mat der Problematik, wou ech virdru ge-sot hunn, kuerz ugedeit hunn, vun der Be-grenztheet vun de Ressourcen, mä déi awer och eng sozial- a wirtschaftspolitesch wichteg Connotatioun huet. Well, wa mer dann zrëck-kommen och emol eng Kéier zur Realeconomie: D'Marchée vum 21. Jorhonnt sinn déi, déi am Beräich vun der Ressourceneffizienz leien! An iwwer ekologesch Steuerreforme kënne mer sécherlech och dozou bäidroen an hëllefen, datt déi gefördert ginn.

Duerfir, Här President, mir stëmmen dëst Ge-setz mat, mä mir stëmmen et mat ënner all deene Reserven, wou ech lech elo just hei grad erkläert hunn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bausch. Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt och e Merci un de Kolleeg Michel Wol-ter als Rapporteur vun dësem Projet. E Rapport, dee kuerz, awer korrekt war.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 1. Juli d'lescht Joer huet d'Chamber hei e Gesetz gestëmmt, wou de Lëtzebuurger Stat eng Statsgarantie iwverholl huet am Kader vun engem europäeschen Instrument, EFSF ge-nannt, fir d'Stabilisation vun der Eurozon. Dëst Gesetz, wat der EFSF erlaabt huet, Em-pruntë bis zu enger Héicht vu 440 Milliarden opzehuelen, a wou de Lëtzebuurger Stat mat 1,15 Milliarde säin Deel garantéiert huet, ass ouni Géigestëmm hei am Parlament ugeholl ginn. E gutt Joer elo méi spéit soll dëst Gesetz ofgeännert ginn an dem Stat seng Garantie vun 1,15 Milliarden op 2 Milliarde gehéicht ginn. D'ADR wäert dësem Gesetz net méi zoustëm-men, an dat aus enger Rei vun Ursachen.

Virun engem Joer huet et hei bei den Debatten, déi relativ kuerz waren, geheescht, datt dës Ga-rantië méi e symbolesche Charakter hätten an a priori sollen dozou dëngen, ech zitéieren de Rapporteur: „Fir datt den Euro bei der nächster Reeschauer am Dréchene bleift a fir ze verhënn-eren, datt d'Finanzmäert den Euro an de Keller spekuléieren.“ A weider sot hien, datt d'Instrument nëmme géif agesat ginn, ech zitéieren, wann „wirklich“ - wéi déi Däitsch soen - „alle Stricke reißen“! An de Finanzm-nister huet an darselwechter Debatt gesot: „Et kann een hoffen, datt dat Instrument vläicht iwverhapt net brauch a Kraaft ze trieden.“

D'Realitéit ass awer, wéi mer all konnte feststel-len, just de Contraire. D'Finanzmäert konnten net berouegt ginn, an d'Instrument ass ge-brauht ginn an a Kraaft getratt. D'„Tageblatt“ vun haut, a sengem Leitartikel, résuméiert dat an deem enge Saz: „Ein gutes Jahr später ist klar, das maßgeblich vom Eurogruppenchef Jean-Claude Juncker entwickelte SPV namens EFSF hat sich verrannt, steckt im Schulden-sumpf fest!“ Dat huet de Leitartikler vum „Tageblatt“ haut geschriwwen, nodeems en e Gespräich mam Parteipresident vun der LSAP gefouert hat.

A well déi finanziell Kredibilitéit vu verschid-denen Eurostaten déi net ass, oder net méi ass, wéi se uganks ugeholl ginn ass, musse den éénzel Eurostaten, fir datt den EFSF iwverhapt kann Emprunten op de Finanzmäert ophuelen, hir Garantie vun 120% op 165% eropsetzen. Dat heescht, datt dem Lëtzebuurger Stat seng Garantie vis-à-vis vun där Zomm vu 440 Mil-liarde vun 1,15 op 2 Milliarde klëmmt. Et ass also alles aneschtens komm, wéi et eis virun engem Joer hei vu Regierungssäit erkläert ginn ass.

Griichenland war virun engem Joer den Haupt-diskussionsthema. Griichenland krit déi Gelder nëmmen ënner strenge Konditiounen. Déi Kon-ditiounen, wéi se sinn a wéi se agehale ginn, kënne mer all Dag erliewen. D'griechesch Vol-lek, wat keng Schold un deem Misär huet, kritt alles auszelläffelen. D'griechesch Vollek gëtt ausgequëtscht bis op déi lescht Drëps. Et gëtt e grenzenlose Sozialofbau an deem Land be-driwwen. An déi Räich a Griichenland bezuelen haut och nach ëmmer keng Steieren.

Och hei huet eise Premier, dee sech heiheem esou gären e soziale Mäntelchen undeet, d'Muskele spille gelooss, fir datt de sozialen Of-bau a Griichenland misst duerchgezu ginn. Den 1. März 2010 huet de Jean-Claude Juncker am „Handelsblatt“ gesot, fir de Fall, wou d'Grii-chen net de „Spuerprogramm Sozialofbau“ géife realiséieren, sot hien: „Sie können sicher sein, wir haben die Folterwerkzeuge im Keller und wir zeigen sie, wenn es nötig ist.“

Griichenland gëtt futtigespuert an dat Land kritt all finanziell Substanz entzunn, fir iwver-hapt nach eng Kéier e Wuesstum ze erree-chen. Dat beweisen och déi aktuell Chifferen. Esou sollt Griichenland dëst Joer maximal Em-prunten an der Héicht vu 17 Milliarde maa-chen, huet awer an den éischte sechs Méint schonns misse 16 vun deene 17 Milliarde Schold ophuelen.

D'Steierrecettë sollten an d'Luucht goen a sinn a Wierklechkeet an den éischte sechs Méint awer vun 28,7 op 26,8 Milliarden zrëckgaan-gen. D'Statsdépensë sollten zrëckgoen, sinn awer am Géigesaz vun 38,2 Milliarden d'lescht Joer op 40,9 Milliarden an den éischte sechs Méint an d'Luucht gaangen. De Statsdefizit gëtt also net méi kleng, mä en ass an den éischte sechs Méint vun 12,45 d'lescht Joer op 15,57 Milliarden dëst Joer geklommen.

D'Griichen haten e Wirtschaftswuesstum vu minus 3,8 fir dëst Joer virsinn, an no deenen éischte sechs Méint läit e bei 7,5%. An déi neiste Chifferen, déi dës Woch publizéiert si ginn, schwätze fir Enn dës Joers vun engem Wirtschaftswuesstum vu minus 10%.

De Chômage ass op 16,6% geklommen a wäert bis Enn dës Joers bei 18% a Griichenland leien. D'Regierung wëllt, wéi mer dëser Deeg konnten erfueren, nach weider Zéngdausende vun Aarbechtsplazen a Griichenland ofbauen. D'Jugendarbeitslosigkeit ass op 40% mo-mentan geklommen.

Hei, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, tickt eng Zäitbomm! D'Fro bleift hei, wéi laang d'grii-chescht Vollek dat doten nach ka matmaachen, wéi laang déi Leit, déi keng Schold un deem ganze Misär hunn a schonn net vill hunn, nach bereet sinn, weider e Sozialofbau ze bedrei-wen.

Mir hunn als ADR virun zwee Méint propo-séiert, Griichenland sollt eiser Meenung no aus dem Euro austrieden. Mir wëssen alleguer, datt ee Land net kann dozou verflucht ginn, mä datt e Land dat selwer muss decidéieren. Mä mir sot en awer och, datt déi aner Länner dem grii-chesche Stat an de Banke musse finanziell hël-lefen, fir datt se kënnen op de Wee goen, an déi finanziell Hëllef soll eng Konditioun sinn, fir datt se op dee Wee ginn. Soss erkrutt Grii-chenland sech net méi an zitt aner Länner no.

Méi däitlech, wéi den däitsche Bundespräsident Wulff et zu Recht gesot huet an d'Fro gestallt huet: „Wer rettet am Ende die Retter?“ An där Politik, déi mer elo maachen, gëtt doudsécher ee Land no deem aneren nogezunn, an da stellt wierklech d'Fro sech herno, wien dann nach déi Länner rett, déi elo am Ufank déi aner sollte retten, wat awer net gegléck ass.

„Mir hëllefen de Griichen“, gëtt ëmmer gesot. Neen, mir hëllefen net de Griichen. Mir hëllefen de Banken, déi de Griiche Geld geléint hunn! D'Banken hu Risikogeschäfte mat de Griiche gemaach an och duerfir méi héich Zënse akas-séiert. An elo, wou de Risiko antrëtt, gëtt de Risiko vun de Banken op d'Allgemengheet - dat heescht: de Steuerzueler - transféiert, nom Motto: D'Benefisser gi fir d'Bankekapital priva-tiséiert an d'Defiziter an d'Risikoe gi verstaat-lecht an op de Steuerzueler gewälzt.

Zwee Drëttel vun de Scholden, déi d'Griiche bei de Banken hate virun der Kris, sinn an der Zwëschenzäit ëmgewälzt ginn op d'Europäesch Zentralbank, den Internationale Währungsfong an op d'Eurostaten. D'Griichen hunn awer u

sech nach eemol esou vill Schold wéi virdrun. Deen eenzege Virdeel, dee se kéinten heiraus zéien, dat ass, datt se vis-à-vis vun deene virge-nannten Organisatiounen manner Zënse musse bezuele respektiv elo méi eng laang Lafzäit kréien.

Et ass un éischter Stell also net de Griichen, mä de Banken, déi de Griiche Gelder geléint hunn, gehollef ginn. An an deem Zesummenhang däréi een d'Hedgefongen net vergiessen, déi zum Beispill nach dëst Joer den 19. Juli nach séier griichesche Statsobligatiounen kaaft hunn an dräi Deeg méi spéit se fir 10% bis 15% Profit weiderverkaaft hunn. Mir musse d'Länner ret-ten, net d'Banken an d'Spekulanten aus den Hedgefongen aus der Responsabilitéit befreien. Duerfir hu mir en „roll over“ proposéiert, do-madder missten d'Hedgefongen nieft de Ban-ken och mat un der Hëllef fir Griichenland par-ticipéieren.

E weidere Punkt, Här President, léif Kollée-ginnen a Kolleegen, ass Finnland. Wéi mer aus der internationaler Press - net vun onser Regie-rung, mä aus der internationaler Press - erfuer hunn, kritt Griichenland (veuillez lire: Finland) am Kader vun dësem Gesetz, wat hir Säit ube-laangt, eng Garantie: eng Garantie, déi hir Ga-rantie soll ofdecken. A wat fir enger Form dat geschitt, ass net kloer.

An der Finanzkommissioun sot de Finanzm-nister eis, hie wier domadder net averstanen. D'Stats- an d'Regierungschefen hunn awer - och laut internationaler Press - hir Zoustëm-mung zu dëser Ofsécherung vis-à-vis vu Finn-land ginn. Hei hu mer also an eiser Regierung zwou Meenungen: e Statsminister, deen zou-gestëmmt huet, ee Finanzminister, deen net domadder averstanen ass. Et ass also eng Op-positioun hei tëscht deenen zwee Haaptleit, wat dësen Dossier ubelaangt, an der Re-gierung.

Eis interesséiert awer: Wann hei d'Parlament esou e Vote hëlt iwver esou e Gesetz, wéi gëtt Finnland dann elo wierklech behandelt? Gëtt et an Europa zweeërlee Mooss? Kritt ee Land Ga-rantië fir déi Garantien, déi se hei iwverhuelen, an déi aner Länner net? Dat kann et an däréi et eiser Meenung no net sinn! Mä d'Regierung ass eis bis haut nach de Bewäis schëlleg bliwwen oder d'Erklärung schëlleg bliwwen, wéi Griichenland (veuillez lire: Finland) behandelt gëtt an ob se Garantie kréien oder net. An och dat misst, mengen ech, hei kloer gesot gi vun der Regierungssäit virun engem Vote, wéi Finn-land behandelt gëtt, ob déi eng Extrawurscht an dësem Dossier gebrode kréien oder ob ee Land wéi dat anert behandelt gëtt.

Mä do dernieft gëtt et och nach aner Länner, wou et iwverhapt net sécher ass, datt si dësem Rettungsschirm zoustëmmen. Zum Beispill d'Slowakei wëllt dem Rettungsschirm - esou, wéi et haut ausgesäit, a laut den Aussoe vun hirem Chambers- a Parlamentspräsident - net zoustëmmen, mat dem Argument, datt Europa sech net u seng Kritäre gehalen hätt an d'Europäesch Zentralbank net d'Recht hätt, fir faul Statsscholdschäiner opzekafen.

Et weess also iwverhapt keen, ob dëse Ret-tungsschirm jeemools kann a Kraaft trieden. Mir hätten och duerfir nach Zäit gehat fir ofze-waarden, wat an anere Länner geschitt. Mir hätten net missen onbedéngt an der Summer-vakanz zesummentrieden, well déi aner Parla-menter och eréischt am Oktober doriwwer dé-cidéieren.

Här President, dann nach e puer Wiederer zum Sommet vun der Madame Merkel an dem Här Sarkozy elo am Laf vum Mount August zu Paräis. Si hunn dräi Punkte festgehalten. Eisch-tens: Et soll eng international Finanztransak-tionssteuer agefouert ginn. Zweetens: All Memberlänner vum Eurogroup sollen an hirer Verfassung eng Scholdebremse aschreiwen. Drëttens: Si wëllen eng Wirtschaftsregierung fir den Euro, an dës Wirtschaftsregierung soll vum EU-Rotspräsident, dem Här Hermann Van Rompuy, gefouert ginn.

Elong schonn d'Tatsaach, datt den Här an d'Dame Merkel a Sarkozy ëmmer méi am Vir-feld decidéieren, wat duerno op engem euro-päesche Sommet nach just offiziell decidéiert gëtt, léisst déif blécken, wéi Europa fonction-néiert. D'Madame Merkel an den Här Sarkozy si sécherlech d'Handlanger vun hire groussen däitschen a fransésche Banken. An d'Stats- a Regierungschefe sinn neierdéngs dann erëm d'Handlanger vun der Madame Merkel an dem Här Sarkozy, nom Schema: Groussbanke ginn ofgeséichert an d'Risikoe ginn op d'Steierzueler transféiert, verbonne mat engem Sozialofbau.

Dat ass Europa, een Europa, wat mir esou net wëllen! An all déi, déi haut dësem Gesetz zou-



stëmmen, maache sech och zu Handlanger an zum Kompliz vun där Politik.

Zu deenen dräi Punkten, wat de Sommet Merkel/Sarkozy ugeet - d'Finanzsteier: D'ADR seet jo zu enger Finanztransaktionssteuer, wa se international geregelt ass, an am beschten um Niveau vum G20. D'Banken hu bis haut nach näischt vun där vun hinne verschëlltener Kris bäigedroen.

Zweetens: d'Schuldebremms. Viraus muss een de Stil huelen, ech géif souguer soen, d'Arroganz, d'Iwwerhiefflechkeet, datt e Statspräsident an eng Bundeskanzlerin sech d'Recht huelen, fir anere Länner wëlle virzeschreiwen, wat si an hire Verfassunge misste verankeren. Wann et eng Souveränitéitsfro gött, dann ass et eiser Meenung no d'Constitution, d'Verfassung vun engem Land. An do kann och kee franséische President a keng däitsch Bundeskanzlerin engem Land Virschreffe maachen, wat se an hir Verfassung ze schreiwen hunn oder net!

D'ADR huet am Kader vun de leschte Budgetsdebatten och esou eng an der Verfassung verankert Schuldebremms an d'Diskussion bruecht. Mä et muss een awer och wëssen - dat hu mer gesot -, datt laut de Maastricht-Kritäre mer schonns eng Schuldebremms hunn. A meng Virriedner hunn hei - de Kolleg Alex Bodry - och erkläert, wéi an anere Länner, wou esou Scholdebremse bestinn, wéi se wierken, oder besser gesot, wéi se an der wierklecher Situatioun, wou et eescht gött, net wierken. Et gött also hei, um Niveau vun de Maastricht-Kritäre gött et Stabilitéitskritären. Si si just net agehale ginn!

Mir kënnen ons nach alleguer erënneren, wéi eise Statsminister a senger Fonctioun als Eurogroup-President mat vollem Mond deklaréiert huet, et géif näischt un deene Stabilitéitskritäre geännert ginn. Si géifen net opgeweecht ginn. Si géifen zu honnert Prozent respektéiert ginn. Et géife keng Exzeptiounen gedult ginn. Dat war esou laang richtig, bis verschidde grouss Länner d'Kritären net méi erfüllt hunn. A bis haut hunn déi verschidden Eurostaten zesummen d'Stabilitéitskritäre ronn 80-mol verletzt, all Kéiers mat der Zoustëmmung vun de Stats- a Regierungschefen.

Si hu sech géigesäiteg d'Absolutioun ginn, fir eben d'Stabilitéitskritären ze violéieren. A well se hir Aarbecht net gemaach hunn an drop gehalen hunn, datt d'Stabilitéitskritäre respektéiert misste ginn, doduerch, datt se bestoend Texter iwwert d'Stabilitéitskritären net applizéiert hunn, hätte se elo - an dat ass de Combel! - gären duerfir méi Pouvoir.

D'Stats- a Regierungschefe si mat schold un där aktueller Situatioun, well si selwer zougelooss hunn, datt d'Stabilitéitskritären violéiert si ginn. D'ADR ass dergéint, weider Souveränitéits-rechter un en onsozialt Europa ofzetrieden, dat iwwert déi a Punkt 3 virgeschloe Wirtschaftsregierung.

Dës Wirtschaftsregierung, wéi de Sommet Merkel/Sarkozy iwwerhaupt, hat nëmmen zum Zweck, fir eise Premier Jean-Claude Juncker ze entmuechten. Et ass kloer no deem Sommet, datt dem Jean-Claude Juncker seng europäesch Zukunft an der Vergaangenheet läit. Hie weess dat och an huet duerfir d'Flucht no vir ergraff, andeems hie säi Posten zur Verfügung stellt, wann dese Posten duerch en haaptamtliche President géif besat ginn.

Mä och wa keen haaptamtliche President gesat gött, gött de Posten awer nei besat, an ouni hien. Hei ass och dee beschte Bewäis, wéi Europa fonctionnéiert: Merkel/Sarkozy décidéieren, a wien eng aner Meenung huet - ob se richtig oder falsch ass, ass emol net wichteg -, dee gött einfach liquidéiert. Ob ee vill Aarbecht mécht - wéi eise Premier sécherlech an deene leschte Méint a Joren am Zesummenhang mam Euro gemaach huet - oder net, dat gött net respektéiert. Wann et net deenen zwou Persounen an de Krom passt, da gött een einfach an Europa liquidéiert. Sou ass nun emol eben an Europa haut d'Politik!

Och nach ee Wuert zu de bilaterale Prëten, déi de Lëtzebuerger Stat Griichenland ginn huet. Lëtzebuerg soll Griichenland 200 Milliounen ginn. Dovunner sinn elo 60% ausbezuelt, an eng nächst Tranche ass elo fälleg. Da si 70% oder 140 vun deenen 200 Milliounen bezuelt. Mä wat elo nei gött, an dat ass och aneschtens wéi dat, wat am Ufank duergestallt ginn ass: D'Lafzäit ass net méi - wéi dat am Ufank war - dräi Joer, mä an Zukunft ass déi Lafzäit 15 Joer. A fir déi nei Tranche sinn d'Zësen och net méi iwwer 5%, mä fir déi nei Tranche sollen nach 3,5% bezuelt ginn. De Rescht, wat dann nach bleibt bis déi 200 Milliounen, gött an Zukunft vun der EFSF finanziert.

Fir eis ass kloer, datt mer déi dote Suen ni méi wäerten erëmkreien. An eise Finanzminister erkläert de Lëtzebuerger nach ëmmer, mir géife mat deenen dote Suen ee Geschäft maachen. D'Griiche géifen eis schliesslech Zësen duerfir bezuelen. Wat de Finanzminister vergiess huet, de Lëtzebuerger awer ze soen, ass, datt déi Suen, déi mer de Griiche léinen, datt mir déi selwer léine gaange si bei eng Bank an datt mir dann och hei Zënse bezuelen. Ech erënneren drun, datt mer d'lescht Joer zwou Milliarde léine waren.

Et kann een also net nëmme soen: „Mir kréien Zësen“, mä et muss ee gläichzäiteg awer och soen, datt mer fir déi Suen, déi mer de Griiche ginn, hei Zënse musse bezuelen. An da bleift ënnert dem Stréch näischt méi Rescht. Also kann een net soen, mir géife mat de Griichen e Geschäft maachen. A wann ee ganz éierlech ass, da misst een de Lëtzebuerger och nach soen, datt mer déi Suen, déi mer de Griiche ginn, sécherlech, méi wéi sécher net méi wäerten zrëckkreien.

Nach ee Wuert zur Europäescher Zentralbank. Ech mengen, wann do de Chefekonomist demissionéiert, well e mat der Politik net méi averstanen ass, da léisst dat déif blécken. Vill Spezialisten a Juriste soen, datt och d'Europäesch Zentralbank iwwerhaupt net hätt kënnen oder dierfen déi faul Statspabeieren oder Obligatiounen opkafen.

Et ass kloer: D'Kapital vun der Zentralbank ass och Geld, wat den eenzelne State gehéiert. Et gehéieren hir also och Gelder, déi den eenzelne Steierzueler gehéieren. An all dat Geld, wat hei opkaaft ginn ass, dat muss eng Kéier erëm rekapitaliséiert ginn, an och do wäert de Lëtzebuerger Stat iergendwann eng Kéier erëm, wéi all déi aner Stäten, zur Keess gebiede ginn. An och hei muss de Steierzueler an d'Täsch gräifen.

Europa leit ënnert deene groussen Diskussiounen, souwuel wat seng Glafwierdegkeet wéi wat d'Vertrauen ubelaangt. Wann Europa weiderfiert, just de Banken ze hëlfen an d'Risikoen op d'Bierger ze transféieren, wann Europa weiderfiert, fir sozialen Ofbau ze bedreien an ze priedegen - ech erënneren nëmmen drun, och dee Brëif, dee mir kritt hunn -, sief et an der Fro vum Index, sief et an der Fro vun de Renten, da verléiert Europa - mat Recht, soen ech - u Glafwierdegkeet, well d'Leit wëlle keen esou een Europa, wat just fir d'Spekulanten do ass a wat d'Risikoen op seng Bierger, op d'Sozialpolitik ëmwälzt. Mir hätt gären en Europa, wat sozial ass, en Europa, wat sozial a fiskal Mindestnorme festhält.

Zum Schluss, Här President, soen ech: Mir bezuelen hei vill Geld, dat soll een de Leit soen! Dat Geld, wat d'Europäesch Zentralbank verpufft huet, bezuele mer. Déi Gelder, déi mer hei iwwert de Fong ausginn, bezuele mer doudsécher eng Kéier, well déi Garantië ginn dann ageléist. An déi Prëten, déi mer Griichenland iwwer bilateral Prêté ginn hunn, déi bezuele

mer och. Griichenland kann déi Suen, déi et elo aus där sougenanntener Hëllef kritt huet, einfach net méi zrëckbezuelen. Dat ass, wéi wann ee Geld...

► **M. le Président.**- Här Gibéryen, Dir misst zum Schluss kommen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President, et mengt ee grad, Dir hätt op mäi Blat hei gekuckt, well ech si wierklech elo um leschte Saz.

► **M. le Président.**- Majo, dat ass wonnerbar!

(Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Duerfir lauschtert dann nach wann ech gelift, Här President, de leschte Saz gutt no: Dat ass, Griichenland, dat ass, wéi wann ee Geld géif an e schwaarzt Lach, e Faass ouni Buedem schëden. Dat huet näischt méi mat Solidaritéit ze dinn. Dat ass ganz einfach Kamikazepolitik, an duerfir wäert d'ADR géint dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Als nächste Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, absolut d'accord mat europäescher Solidaritéit. Mir bräichten der nach vill méi! Ekonomesch, sozial Solidaritéit am Kader vun enger staarker Integratioun, am Kader vun enger Wirtschafts-, Fiskal-, Sozialunioun mat enger staarker demokratescher Legitimitatioun.

Dat Bild, dat Bild do, dat ass awer en anert Europa wéi dat, wat am Moment besteet! Wat ass dat da fir eng Solidaritéit, wa se verbonnen ass mat Konditiounen, déi drop erauslafen, dass deene Leit, déi schaffen, hir Léin, hir sozial Rechter ofgebaut ginn an dass am Endeffekt d'Finanzindustrie dovun profitéiert?

Et ass schonn e speziell Gespan, dat Europa. Um Bock vum Kutscher sëtze manifestement net déi politesch Responsabel, mä d'Banken an d'Hedgefongen an d'Pensiounsfongen an d'Spekulanten! Et sinn déiselwecht Kutscher, déi d'Kar an d'Kris gedriwwen hunn!

Awer amplaz se vum Bock erofzegeheien - „de Primat vun der Politik“, géif een dat nennen -, léisst Europa sech dreive wéi verstéiert Päerd, eemol hü, eemol hott, awer leschten Enns eigentlech ëmmer an déi Richtung, déi si, déi Kutscher do, gären hätten. Dobäi gött munches zertrampelt, vum europäesche Sozialstat bis zur europäescher Demokratie.

Fir dass se net erfieren, hunn d'Päerd nawell oft Scheiklappen un. An et géif jo tatsächlech hei Grond ginn, ze erfieren. Mir stiechen an

enger déiwer Systemkris, aus där mer net no-halteg erauskommen, ouni grondsätzlech d'Logik vun der gesellschaftlecher Entwécklung ze änneren.

„Ich beginne zu glauben, dass die Linke recht hat“, titelt een, deen éischter zum Här Frieden sengem Veräin gehéiert, nämlech den Herausgeber vun der grousser konservativer Zeitung „Frankfurter Allgemeine“. An e fiert dann ënnert deem Titel weider: „Es zeigt sich - wie die Linke immer behauptet hat -...“, domat si mir net laang gemengt, mä die Linke am Allgemeinen oder wien och ëmmer lénks. „Es zeigt sich - wie die Linke immer behauptet hat -, dass ein System, das angetreten ist, das Vorankommen von vielen zu ermöglichen, sich zu einem System pervertiert hat, das die wenigen bereichert.“

Dir misst eis also soen, léif europäesch Politiker, och léiwe Minister, wéi Dir där Perversioun en Enn wëllt setzen, wéi Der déi enorm Konzentration vu privatem Räichtum wëllt ofbauen. Dir misst eis soen, well dat hänkt jo direkt domadder zesummen, wéi Der d'Muecht vun de Finanzmäert wëllt briechen. Dir misst eis soen, wéi Der laangfristeg d'ekonomesch Entwécklung a budgetär Gläichgewichter wëllt erreechen, wann Der systematesch d'Kafkraaft an d'Nofro ofwiergt. Dir misst eis soen, wéi Der sozial Gerechtegkeet wëllt erreechen ouni vun uewen no ënnen ze verdeelen.

„Die Verteilungsfrage muss vor der Wachstumsfrage gelöst sein“, seet den Heiner Flassbeck, Ekonomist vun der UNO-Entwicklungsorganisation. Dir misst eis soen, wéi Der den ökologeschen Émbau vun der Gesellschaft wëllt finanzéieren, wann Der den europäesche Staaten eng drastesch Austeritéitspolitik opzwéngt. Dir misst eis soen, wéi Der d'Aarbechtslosegkeet wëllt ofbauen, ouni ëmmer méi onsécher a prekär Aarbechtsplazen ze schafen, vun deenen ee kaum nach mënschewierdeg liewe kann.

Dir misst eis soen, wéi mer eng politesch Union sollten hikreien, déi mir gären hätten, mat enger staarker demokratescher Legitimation, déi se bräicht, wa mer de Leit hir sozial Rechter ofbauen, iwwer hir Käpp ewech, an d'Populatiounen vun Europa géintenanner ausspielen.

Wann Dir d'Vertraue vun de Biergerinnen a Bierger vun Europa méi héich géift schätze wéi d'Vertraue vun de Finanzmäert, da misst Der all déi Froen do beäntweren, méiglechst kloer, méiglechst schnell.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Als leschte Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Ben Fayot** (LSAP).- Här President, ech si frou iwwert dës Debatt, déi an der Plénière stattfënt, an ech hoffen, dass mer der och



Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op

www.chd.lu

mat de Rubriken

- *Actualité*
- *Organisation et fonctionnement*
- *Travail à la Chambre*
- *La Chambre et l'UE*
- *La Chambre et vous*



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

nach weider kréien, well et ass wesentlech, dass mer dobausse virum Vollek iwwert dat, wat mer hei decidéieren, an och dat, wat mer matdroen, Rechenschaft ofleeën.

Här President, trotz dem Pessimismus, deen dorëmmer grasséiert, trotz dem Euro-„bashing“, deen dorëmmer stattfënn, muss ee soen, dass den Euro jo eng Erfolgsgeschicht ass, dass en eng wesentlech Roll am Banne-maart spillt an dass en och als Weltwährung d'Stäerkt vun Europa no baussen elo dokumen-téiert a festegt. An dofir muss een dat am Kapp behalen, wann een iwwert d'Rettung vun deem engen oder deem anere Land am Kader vun der Scholdekrise hei schwätzt. Et sinn also Di-mensiounen ze kucke fir d'Éischt, éier een op Kritiken op deem engen oder op deem anere Plang usetzt.

Den Euro, dat europäesch Geld, ass geschaf ginn ouni eng gemeinsam Wirtschaftspolitik. Eng Zäit laang huet dat jo funktionéiert. D'Mäert hunn un den Euro gegleeft an hunn den eenzelne Länner méi oder weiniger déiselwecht Zënse fir hir Empruntë gefrot. Mä no der Kris vun 2008 war dat net méi wouer, an d'Finanzmäert hu méi genee op déi eenzel Länner gekuckt. An domat ass d'Scholdekrise vir verschidde Länner an der Eurozon entstanen.

Déi Geschicht weist eppes: An Europa ginn d'Memberlänner sech oft ambitiéis Ziler, gi sech och eng Partie Mëttelen, fir se ze erreechen, mä ginn net bis un d'Enn vun hirer Logik. Firwat? Mä well eben d'Europäesch Unioun nach ëmmer eng Unioun vu fräien, souveräne Länner ass, keng Sowjetunioun, mä eng Unioun vu fräie Länner, déi besonnesch och an der Finanz- a Budgetpolitik souverän bleiwe wëllen.

An de Grad vun der Souveränitéit, dee se wëllen erhalen, hänkt vun der grondleeënder Approche vun der Zesummenaarbecht of. Et gëtt dofir zwee verschidde Konzepter vun der Zesummenaarbecht an Europa. Et muss een ëmmer dorunner erënneren, well dat ass funda-mental fir dat, wat mer hei diskutéieren. Dat eent, dat ass méiglechst vill europäesch Länner an engem grouse Maart ouni Grenzen zesummenzebréngen an den Handel ze entwéckelen. All aner Politikfelder bleiwen dann national. Dat anert Konzept, dat ass duerch e konvergéierende Prozess rivaliséierend Länner zesumme-schaffen ze doen.

Et ass dofir einfach ze verstoen, firwat d'Vere-negt Kinnekräich den Euro net matmécht, an och Schweden an Dänemark net. Länner, déi den Euro kéinte kréien, mä déi en net wëllen, well se de Prozess vun der konvergéierender Zesummenaarbecht net matmaache wëllen. An an anere Länner, déi trotzdeem bereet sinn, den Euro matzemaachen: Elo komme Populiste vu riets a vu léns, fir d'Grenzen ënnert dem Virwand vun der Démondialiséierung erëm zoumaachen ze wëllen, an doduerch gëtt natierlech och an deene Länner d'Verdéiwung, d'Zesummezéckelen, d'Konvergenz méi schwéier.

An dofir hänkt d'Fro, Här President, wéi et mam Euro weidergoe soll, enk dermat zesummen, wéi Europa sech weiderentwéckelt a wéi staark de politesche Wëlle vun de Länner a beson-nesch den Eurolänner ass, den europäesche Prozess weiderzedreiwten.

Et ass eigentlech iwwerflësseg ze soen, mä et muss een et ëmmer erëm soen, dass Lëtze-buerg déi europäesch Integratioun brauch, fir ze iwwerliewen. Mir sinn net hei an enger tech-nokratescher Diskussioun. Mir sinn an enger politescher Diskussioun iwwert d'Liewe vu Lët-zebuerg an Europa. Et ass eng Existenzfro fir Lëtzebuerg a fir Europa. An en Europa - dat wëll ech awer och nach eng kéier hei gesot hunn - zwëschen 30 bis 40 Länner, op dat mer

histéieren, Länner aus dem Westbalkan, déi wëllen an Europa kommen, Länner aus Ost-europa, d'Türkei, wéi et op ons duerkënnt, wäert wuel kee staark integréiert Europa ginn.

Déi verstärkt Zesummenaarbecht, déi de Ver-trag vu Lissabon virgesäit, wäert wuel méi wéi eng kéier zur Uwendung komme mussen. An en Europa mat verschidde Vitessen ass vir-programméiert. Déi héchste Vitesse muss déi vun der Eurozon als Kärsäck vun der euro-päescher Integratioun sinn. Dofir mussen all déi Konsequenze gezu ginn, déi eng gemeinsam Währung verlaangt. An dat heescht eng méi intensiv Zesummenaarbecht.

D'Stäerkt an d'Stabilitéit vun der Währung hänken of vun der Wirtschaftskraaft, vun der budgetärer Soliditéit a vun politeschen Zesum-menhalt vun de Länner, dee se hunn. An de politeschen Zesummenhalt gëtt garantéiert duerch d'Solidaritéit. Fir ons Sozialisten ass e staarkt Europa net nëmmen en Europa vum fräie Wueren-, Déngschtleeschungs- a Kapital-verkéier, et ass virun allem e solidarescht Europa. Dat heescht, Solidaritéit ënnert de Länner a Solidaritéit an de Länner.

Solidaritéit ënnert de Länner, dat war säit jeehier eng fundamental Errungenschaft vun der Europäescher Unioun, säitdeem se besteet; nämlech aarme Länner a Géigenden an Europa duerch gemeinsam Hëllef, duerch gemeinsam Zesummenaarbecht lues a lues op e méi héijen Niveau eropzebréngen. An dat ass zu engem groussen Deel, et muss een et trotzdeem och hei soen, gelongen.

A wien haut den Austrëtt vu Griichenland oder iergendengem anere Land aus dem Euro freet, muss wëssen, dass e sech domat fundamental géint déi europäesch Logik stellt, nämlech déi vun engem solidareschen Europa. Dofir kann den Austrëtt vu Griichenland aus dem Euro keng Optioun sinn, ofgesinn dovun, dass de Vertrag dat net erméiglecht.

Trotz alle Kritiken, déi een natierlech och Griichenland kann adresséieren, an déi Zulen, déi mäi Virriedner, oder de Gast Gibéryen virdu genannt huet, sinn natierlech..., maachen no-denklech, selbstverständlech. An dofir verstinn ech och d'Finanzministeren an d'Regierungs-chefen an och de President vum Eurogroup, dass se Griichenland oft e béise Fanger maa-chen.

Wann dat Land awer seng al Währung géif erëmhuelen, géif dat eng staark Geldentwäer-tung fir dat Land bedengen, e massive Ver-loscht vu Kafkraaft a Präiserhéijunge fir all im-portéiert Wueren, eng sozial Katastroph fir déi meescht Mënschen a besonnesch fir déi kleng Leit an deem Land.

E solidarescht Europa heescht och, sozial ge-recht an all eenzelnem Land. Den Effort, fir Scholden ofzebauen a Budgeten ze équilibréieren, wann dat da muss sinn, muss dofir iwwer-all do, wou et noutwendeg ass, fir d'Éischt déi treffen, déi méi wéi genuch hunn.

An e solidarescht Europa kann och net dora be-stoen, dass fir déi zukünftég Generatiounen net méi investéiert gëtt. Dofir muss een d'Euro-päesch Unioun an d'Europäesch Investitiouns-bank félicitéieren, dass se e massive Bäitrag fir d'Investitiounen an Europa maachen. An et muss een drun erënneren, dass zum Beispill 2010 d'Europäesch Investitiounsbank fir 70 Mil-liarden Euro Emprunten opgehol huet, déi an de Memberlänner investéiert ginn.

A schliesslech géifen d'Leit dobaussen net ver-stoen, dass de Stat d'Banke rett an d'Banke kee Bäitrag zur Léisung vun der Kris géife maachen. All déi Créancierien, déi duerch d'Spekulatioun op Statsscholde massiv verdéngt hunn a massiv

verdéngen, mussen bei der Hëllef fir héich ver-schëllte Länner matmaachen.

Um Sommet vum 21. Juli 2011 gouf decidéiert, dass d'griichesche Emprunten op fräiwëlleger Basis ëmgetosch kënnen ginn. An et wär inte-ressant ze héieren vum Här Finanzminister, wou mer mat der Ëmsetzung vun där Décisioun vun de Stats- a Regierungschefen haut dru sinn.

Här President, d'politesch Diskussioun an Europa leeft op ville Pläng, an de Länner wéi an Europa. Si ass fir d'Bierger dobausse schwéier ze duerchkucken. Hektik prägt dës Diskussioun. Noriichten iwwert d'Boursse bis zur Panik maa-chen d'Leit dronken. Et muss virun allem no bausse kloer sinn, an ech mengen, all Politiker, dee responsabel ass, muss sech dat op den Hutt schreiwen, op wéi engem Niveau dat och ëmmer ass, dass d'Politik de Cap hält an dass jiddwereen an déiselwecht Richtung geet.

Ech wëllt e bëssen op déi politesch Diskussioun agoen, op déi verschidden Elementer an där politescher Diskussioun.

Éischtens, déi Politik, déi vum Europäesche Rot, vum ECOFIN, vun der Europäescher Zentral-bank, vun der Kommissioun a vun dem Euro-group duerchgefouert gëtt, geet onser Mee-nung no an déi richteg Richtung. Dofir droe mir, dat ass jo vum Virriedner Alex Bodry gesot ginn, déi Opstockung vum europäesche Stabili-séierungsinstrument mat.

Et ass kee Wonnerméttel, dat mat engem Coup d'Léisung an der Scholdekrise brénge géif. Grundsätzlech besteet déi Politik - nach eng kéier, fir et ze widerhuelen - an enger solida-rescher Behandlung vun de Länner, déi aus eegener Kraaft hir Schold net Meeschter ginn.

Dozou gehéieren den Europäesche Rettungs-fong an d'Interventioun vun der Europäescher Zentralbank fir Statspabeieren ze kafen. Dat ass e Schrëtt hin zur Vergemeinschaftung vun de Scholde vu Länner, déi aus eegener Kraaft déi Schold net Meeschter ginn. An 2013 soll jo och dann dee Rettungsfong an en „Mécanisme européen de stabilité“ ëmgewandelt ginn, fir deem och nach weider Méiglechkeeten ze ginn, d'Scholdekrise ze mäitriséieren.

Zweete Punkt: De Wee vun der weiderer Inte-gratioun vu finanziellen Instrumenter ass an där Logik, déi ageschloe ginn ass vun den europä-eschen Autoritéiten. Ech zitéieren zum Beispill, wat den Europadeputéierte Robert Goebbels proposéiert huet, fir zum Beispill e gemeinsam europäescht Emissiounsinstitut ze schafen, wouduerch och e gemeinsamen europäesche Maart vu Statsobligatiounen geschafe géif ginn, amplaz dass mer elo 27 national fragmentéiert Mäert hunn. Dat kéint e flëssege Maart mat niddregen Zënse sinn, wou den Handel vun deene Pabeiere ganz lieweg wär.

Mir sinn och, selbstverständlech, fir „Euro-Bonds“, esou wéi déi Häre Juncker an Tremonti se virgeschloen hunn, déi mat den néidege Kontroll- a Bremsmechanismen ausgestatt ginn, fir dass se net erëm weider zu enger neier Scholdefal ginn.

En interessante Modell ass och dee vun euro-päeschen Obligatiounen, déi op Investissemen-ter cibléiert sinn, wéi se vun den europäesche Sozialisten am Europaparlament proposéiert ginn. Schonns elo sinn d'Empruntë vun der Europäescher Investitiounsbank esou eng Aart europäesch Obligatioun, an et ass sécher, dass och eng weider Iwwerleeung déi vun engem europäesche Währungsfong ass, deen aus dem europäesche Stabiliséierungsmechanismus er-wuesse kéint.

Drëtte Punkt an der Diskussioun: Zwëschent dem Europaparlament an dem Conseil fënn't augenblécklech e Bras de fer statt iwwert de sougenannten „sixpack“, dat heescht déi Texter iwwert d'Governance économique. Déi fun-damental Fro an deem Bras de fer ass, wat fir Mëttelen et gëtt, fir d'Länner ze zwéngen, dat, wat se mat decidéiert hunn, bei sech och duerchzeféieren.

D'Länner ergräifen net gäre Sanktiounen géint eent vun hinnen, well si kéinte jo och emol selwer an de Fall kommen, dass anerer géint si wéilte Pressioun ausüben. Déi sougenannt „peerpressure“ ass eigentlech soft, fir en in-ternationaalt Wuert ze gebrauchen, an all Land behält op ville Pläng, och an der Wirtschafts-, Finanz- a Budgetpolitik, méi oder weiniger seng voll Souveränitéit, op déi kee verzichte wëllt, och net Lëtzebuerg. Mä et ass net akzep-tabel, dass Regeln a sachlech Virgaben - sach-lech Virgaben, net politesch Virgaben, mä sach-lech Virgaben, déi gemeinsam opgestallt ginn - net ëmmer eescht geholl ginn.

Bei der Ausenanersetzung elo am Europapar-lament zwëschent dem Rot an dem Europapar-lament iwwert déi Governance geet et an der Haaptsaach ëm d'Fro vun der Automaticitéit vun Interventiounen respektiv Sanktiounen géint e Memberland, dat sech net u gemeinsam Re-gelen hält. D'Europaparlament freet keng voll

Automaticitéit, mä et géif gären dem Minister-rot et méi schwéier maachen, eng Propositioun vun der Kommissioun géint e Land ze verwer-fen. Dofir d'Iddi vun der Majorité qualifié in-versée, also méi enger héijer Majoritéit, fir eng Sanktioun géint e Land ofzelehnen.

Mir sinn d'accord mat den Europadeputéierten, och mat de Lëtzebuenger Europadeputéierten, deenen hir Positioun ech mer ugekuckt hunn, fir den Drock op déi Länner ze erhéijen, déi sech net un d'Virgaben an d'Objektiver vun der Budgets- a Finanzpolitik halen.

Allerdéngs ass eng vollstänneg Automaticitéit net akzeptabel fir ons. Et kann een d'Interven-tioun vun den nationale Parlamenter net ein-fach court-circuitéieren. Si mussen an der Bud-gets politik dat lescht Wuert behalen. Grad ewéi et wichteg ass, dass d'nationale Parlamenter duerch de Semestre européen hiert Wuert mat-schwätze sollen a mussen. Un hinnen ass et, un ons Parlament ass et, an dëser wichtiger Etapp mat agebonnen ze ginn a matzeschaffen, fir ze wëssen, ëm wat dass et geet a wat mer herno mat decidéieren.

Véierte Punkt: Kann de Prozess hin zu enger méi effikasser europäescher Wirtschaftsregie-rung am Kader vun deem heitege Vertrag stattfannen? Oder muss de Vertrag geännert ginn? Munnech Leit schwätze scho vun engem federalen Europa, fir dat besser hinzekréien. Musse vertraglech nei Institutiounen geschafe ginn? Musse weider Kompetenzüwerroung vum de Memberlänner zur EU stattfannen?

Ech sinn - a meng Partei och - iwwert déi Pers-pektiv éischter skeptesch. Fir de Vertrag vu Lissabon hu mer aacht Joer gebraucht, mat engem Konvent an e puer Referenden - déi ausgaange sinn, wéi mer wëssen. Virun allem léisen nei Institutiounen per se keng Problemer.

Dofir mengen ech, solle mer déi Energie, déi mer dofir asetze géifen, gebrauchen, fir hic et nunc politesch Kompromësser am Kader vun bestehende Vertragsrahmen ze fannen. Ech mengen, mir sinn um gudden Wee dohinner, wa mer de politesche Wëllen hunn. A wann de po-litesche Wëllen an de Länner net besteet, dann, mengen ech, bréngt och eng Vertragsännerung nawell keng Léisung, ofgesinn dovunner, dass mer dann iwwerhaupt net dozou kommen.

Fënnefte Punkt: Parallell zu der Stabiliséierung vum Euro muss d'Wirtschafts- a Finanzpolitik vun de Memberlänner méi enk zesumme-réckelen. Dat ass sécher dat Schwieréigst vun der ganzer Entreprise. Mir hunn am Summer hei als Sozialiste gesot, dass mer déi gemein-sam Zilsetzung iwwert d'Reduktioun vu Bud-getsdefiziter an den Ofbau vun der Schold ze-summe mussen ugoen. Mir mengen awer, dass jiddwer Land d'Recht behale muss, säi Wee dobäi selwer festzeleeën, well Europa, d'euro-päesch Länner, dat ass kee politesch neutrale Grond. Et ass e Grond, an deem verschidde Po-litike kënnen gemaach ginn, an do muss all Land no deem, wéi seng Politik ausgeriicht ass, seng Mëttelen kënnen asetzen.

De Geescht vun enger enker Zesummenaar-becht an Europa soll sech allerdéngs net dorop, op d'Wirtschafts- a Finanzpolitik beschränken. Ech hu viru kuerzem, virun e puer Deeg de Jacques Delors gehéiert, deen nach erëm eng kéier ënnerstrach huet, dass et drëm geet, fir vill méi enk um europäesche Plang op ville Pläng zesummenzeréckelen, ob dat Energie, Energieversuergung, Immigratioun, Fuer-schung, Investitiounen fir Infrastrukturen an esou weider, Ausbau vun sozialen Europa an esou weider sinn. Also: méi europäesche Geescht vis-à-vis vun deem Populismus an deem Skeptizis-mus, deen ëmmer méi iwwer Europa ausge-schott gëtt.

Sechstens, sechste Punkt: Et gëtt och gesicht, iwwer institutionell Weeër ouni Vertragsännerung eng Léisung ze fannen. Et geet Rieds vun engem europäesche Finanzminister, deen eng Verwaltung kréich, déi de Chef vum Eurogroup jo elo net huet. Vu verschidde Regierungen gëtt dann den Här Van Rompuy virgeschloen, de President vum Conseil européen als Chef vum Euro, iwwert de Wee vum Conseil européen. Et geet Rieds vun engem „Stühlerücken“ zwë-schent europäesche Finanzministeren als Chef vum Eurogroup.

Sécher ass et ze begrëissen, dass d'Regierungs-chefen, a besonnesch zwee vun hinnen, zwee vun deene gréissten, mathëllefe wëllen, d'Euro-krise ze léisen. Mä mir hunn als Lëtzebuenger ëmmer méi op dat Communautéit gesat, éischter wéi op dat Intergouvernementaalt. An d'Dérive, Här President, hin zum Intergouver-nementalen ass am Augenbléck extrem stark an Europa. Dofir, mengen ech, solle mer ons och als Lëtzebuenger Regierung an den



europäeschen Institutiounen derfir asetzen, dass d’Kommissioun eng wichteg Roll behält.

Siwent Remarque nach schlussendlech iwwert déi faméis „règle d’or“, déi den Alex Bodry scho behandelt huet. Déi besteet jo doranner, dass d’Länner an hiert iewescht Gesetz, an hir Verfassung eng Scholdegrenz aschreiwen. Och déi Iddi entspréngt därselwechter Froestellung, déi ech nach erëm rappeléieren: Wéi e Land obligéieren, d’Scholdegrenz net ze iwwerschreiden? Wa schonns d’Europäesch Unioun d’Länner net disziplinéiere kann, da solle se dat selwer iwwer hiert eegent Gesetz maachen. Dat ass jo d’Iddi, déi derhannert stécht.

Esou logesch dat och schéngt, ass dat och keng Garantie, dass et fonctionnéiert. Den Alex Bodry huet et gewisen. All Land mécht do mat senger Verfassung, wat et wëllt. An dass et näischt bruecht huet, weise jo vill Beispiller, an éischer Linn och Däitschland selwer.

Här President, fir ofzeschlëssen: Mir därefen net vergiessen, dass d’Scholdekris a verschidde- nen Eurolänner an d’Rezessioun vun 2008 duerch déi weltwäit Turbulenzen op den internationale Finanzmäert entstane sinn. Soulaang déi global Finanzmäert net disziplinéiert ginn, sinn och eng Weltwährung, wéi den Euro se haut ass, oder aner Währungen net virun neie Problemer gefeit.

Trotz Rettungsaktiounen vun de Banken, obwuel d’Staten, also d’Politik, also d’Leit alleguer d’Banken an d’Finanzwelt a leschter Instanz iwwer Waasser gehalen hunn, hunn d’Staten et net fäerdeg bruecht: éischtens, déi Finanzwelt ze reguléieren; zweetens, déi iwwerdriwwen Bonussen ze encadréieren; drëttens, eng Transaktiounssteuer anzeféieren; véiertens, de Rating- agencen entweder hir Pouvoiren ze beschneiden oder eng europäesch Ratingagence - onofhängeg Ratingagence - op de Wee ze bréngen, a fénneftens, d’Finanzacteuren op déi

Créneauen ze beschränken, fir déi se eng Expertise hunn, a Finanzproduiten ze verbidden, déi ze vill Risiko enthalten.

Do si mer trotz G7, trotz G20 nach net weider- komm. An ech menge schonn, dass dat poli- tesch eng absolut wesentlech Prioritéit fir d’Länner alleguerten ass. Soulaang mer dat poli- tesch an Europa an also och zu Lëtzebuerg net upaken an net an d’Diskussioun erëm kommen och mat der Finanzwelt selwer, bleiwe mer op hallwem Wee stoen.

Dofir mengen ech schonn, dass dat hei, dës Diskussioun éischer soll en Ufank si wéi en Enn, mä selbstverständlech droe mer dee Rettungs- pak hei mat. A mir hoffen, dass ons Regierun- gen an déi lewescht an Europa, ob dat an der Kommissioun ass oder och am Conseil euro- péen, endlech mat enger Stëmm schwätzen an de Cap halen, fir dass dobaussen d’Finanzwelt an d’Mënschen erëm Vertraue kréien an dat, wat se maachen.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Fayot. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskus- sioun. Elo kritt d’Wuert den Här Finanzminister Luc Frieden.

► **M. Luc Frieden, Ministre des Finances.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren Depu- téiert, dat lescht Gespréich, wat ech mam Kol- leeg Deputéierte Lucien Thiel gefouert hunn, war iwwert dës Projet de loi. Duerfir erlaabt mer, him, deen och an dëser Legislaturperiod dee Rapporteur war vu Projeten, déi ech am Numm vun der Regierung abruecht hunn, deen am heefegste Rapporteur vu menge Pro- jet-de-loië war, och him eng Kéier kollektiv hei- fir nach eng Kéier Merci ze soen!

Merci natierlech och dem President vun der Finanzkommissioun a Rapporteur, deen direkt agesprongen ass, fir déi Aufgab ze iwwerhue- len, dee sech awer souwisou mat där Aufgab beschäftigt hätt, dem Michel Wolter, well en, wéi gesot, déi Kommissioun leet, déi dës Projet schnell am Summer och gekuckt huet. An duerfir och Merci dem ganze Parlament an de Membere vun der Finanzkommissioun, déi och iwwert déi Summerméint sech ëm dës Ma- tière bekëmmert hunn.

Et schéngt mer och en Zeeche vu Responsa- bilitéit vun dësem Haus ze sinn, dass, obschonns d’parlamentaresch Rentrée vun der Plenar- sitzung ëmmer eréischt am Oktober ass, mer - sou wéi déi aner Parlamentar an Europa - ku- cken, datt d’Beschlëss vum Conseil européen vum 21. Juli bis Enn September ëmgesat ginn. Well nëmmen dann hu mer all déi Instrumenter en place, fir kënnen dat Beschtméiglecht ze maachen, fir d’Wirtschafts- a Währungsunioun an dës schwierigen Zäite virunzebréngen.

Dëst ass kee flott Gesetz. Dëst ass net e Gesetz, wat ee mat grousser Freed hei virbréngt, mä et ass e Gesetz, wat noutwendeg ass. Et ass e Ge- setz, wat noutwendeg ass an engem méi breede Kontext, deen hei och de Mëtteg, fannen ech, vu bal alle Fraktiounen op eng responsabel an zukunftsorientéiert Aart a Weis belicht ginn ass.


Et geet schlussendlech hei ëm eng Wirtschafts- a Währungsunioun, déi mer alleguerte wollten, déi mer wollten, well mer e Bannemaart hunn a well mer an engem Land wunnen - an dat ass och de Mëtteg hei vu verschiddene Riedner rappeliert ginn -, deem se enorm vill bruecht huet. Et huet eisem Land vill bruecht an der Stolindustrie, där hiren honnertsten Anniver- saire zu Lëtzebuerg mer haut gefeiert hunn. Et huet eisem Land vill bruecht bei der Finanzplaz, déi, wéi keng aner, vun internationalen, also grenziwwerschreidenden Aktivitéite leeft.

An et ass do, als fundamentaalt Element vun engem Bannemaart, wou mer der Meenung waren, iwwert déi lescht Joren, datt mer och eng gemeinsam Währung bräichten. An och déi gemeinsam Währung, mat alle Suergen, déi mer an dësen Deeg doriwwer hunn, huet eis iwwert déi lescht zéng Joer, zwielef Joer - zéng Joer, wou et se a Form vu Schäiner gëtt, 1999, wou se formell agefouert ginn ass - enorm Avantage bruecht.

Dévaluatiounen, déi ëmmer konkurrenz- iell Avantage enger Economie kënnen schafen, gëtt et net méi. Et gëtt keng Transaktiounskäschte méi. Et gëtt keng Ennerscheeder méi vu Wies- selcoursen, déi vun haut op muer d’Präisser vu Produkter kënnen fundamental änneren. An och d’Inflatioun war déi lescht zéng Joer an Europa, an der Eurozon historesch niddreg, wat en Avantage ass, vun deem mer alleguerten, a virun allem déi Leit mat klengen Revenuen, enorm profitéiert hunn, well se net déi Suen, déi se ugespuert hunn, vun der Inflatioun opgeknabbert kritt hunn.

Mä et ass richtig, datt net alles geklappt huet. An dat huet domadder ze doen, engersäits, datt mer eng Währungsunioun gemaach hunn, mä keng politesch Unioun a keng Wirtschafts- unioun, op d’mannst net mat all hiren Attribu- ter, wéi dat an enger normaler... an engem Land mat enger Währung mat sengen Instru- menter um politeschen a wirtschaftleche Plang soss besteet. An dat Zweet ass, datt mer eis an enger Währungsunioun Regele ginn hunn, déi iwwer Jore vun enger ganzer Rei vun de Mem- bere vun där Währungsunioun net respektéiert gi sinn.

Et ass och net richtig ze soen, datt nëmmen duerch d’Agräffer vun de Staten an der Finanz- a Wirtschaftskris 2008 bis 2010 d’Defiziter an d’Defizitgrenzen an d’Scholdegrenzen iwwer- schratt gi sinn. Neen, eng ganz Rei Länner



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

Chamber TV
weist all
öffentlech
Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem an Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



hunn och scho virun 2008 sech net un d’Kri-täre vun der Wirtschafts- a Währungsunioun gehalen. Mä duerch déi noutwendeg Agrëffer, bei der Rettung vun de Finanzinstituter virun allem, hire Clienten a bei de Konjunkturpro-grammer, ass natierlech dee Scholdestand méi héich ginn.

Wa mer haut an der Eurozon e Scholdestand hu vun eppes 88% vum Bruttoinlandsprodukt, ass dat evident, datt dat enorm vill laangfristeg Problemer och opwerft, well en Defizit, dee kann ee reduzéieren, wann en een-, zweemol stattfënnt. Eng Schold, déi op esou engem héijen Niveau ass, kann een nëmmen iwwer Jo-ren ofbauen an et verlaangt, datt een zugläich Strukturreforme mécht, fir datt d’Wirtschaft an deene Länner ka wuessen.

An där Situatioun, wou mer sinn, gött et keng einfach an evident Léisung. An ech soen lech, soss wier se och scho laang do. Et gött net eng Léisung, wou ee seet, mir maachen dat do an dann ass et dat. Duerfir fannen och déi sëllege Sitzunge vun de Stats- a Regierungschefen engersäits, vun de Finanzministeren anerersäits statt. An do gött et och logescherweis Kontra-diktiounen, well déi eng an déi aner, géif ech bal soen, Recht hunn.

Jo, mir müssen den Defizit an d’Schold redu-zéieren. Wa mer dat awer ze schnell oder an alle Länner d’nämlech maachen, kann dat och dozou féieren, datt mer deem noutwendeg konjunkturrellen Opschwong och bremsen. Den Équiliber do ze fannen ass schwiereg. Mä deene Länner ze soen, déi elo schonn eng ganz héich Schold a ganz héijen Defizit hunn, Dir braucht net ze spueren, Dir musst d’Suen ausginn, fir Är Ekonomie unzuekerbelen, deene muss een dann awer och soen, wou se déi Sue sollen hierhuelen. Déi Sue sinn net do, also muss se vun iergendwou kommen.

Duerfir menge mer, datt mer müssen an deene Länner, déi fundamental Feeler an hirer Wirt-schafts- a Finanzpolitik déi lescht Jore gemaach hunn, datt déi mussen wuel temporär gehollef kréien, mä zugläich awer iwwert déi nächst puer Joer substanzieel Reduktiounen vun hirer Schold a vun hirem Defizit maachen. Maache se dat net, da mussen mir alleguerde laang nach dofir bezuelen, ouni de fundamentale Problem vun deene Länner geléist ze hunn. Et kann een net iwwer laang Joren ewech méi Suen ausginn, wéi een der erakritt.

De Wee dohinner ass schwiereg, an ech hu gesot, et gött keng einfach Léisung. An et gött och net nëmmen eng Léisung, déi reng finanz-technesch ass, ouni wëllen ofzestreden, datt mer iwwer eng ganz Rei konnex Sujeten och müssen diskutéieren.

Mä d’Aféierung vun enger Finanztransak-tionssteuer oder eng Limitatioun vu verschie-dene Finanzprodukter - iwwregens ass an deem Beräich an deene leschte Jore ganz vill geschitt, ouni datt dat grouss Medienattentionn kritt huet; d’Finanzmaantreguléierung ass e gutt Stéck weiderkomm, och opgrond vun där Aar-becht, déi d’Europäesch Kommissioun an de Conseil vun de Finanzministere gemaach huet -, mä alles dat léist net déi fundamental Nout-wendegkeet, fir elo ze kucken an deene Länner, wou de Problem am gréissten ass, wéi mer kënnen agräifen a wéi mer kënnen e Message vu Vertrauen un d’Marchéen, un d’Investis-seuren - wat ganz oft normal Bierger och sinn, déi State Sue geléint hunn; a ganz vill Bierger och an deem Land hu Statsobligatiounen kaaft -, wéi mer kënnen kucken, datt déi am Vertraue kënnen investéieren, an déi, déi investéiert hunn, datt déi hir Suen zréckbezuelt kréien.

An deem Kontext ass ze gesinn, engersäits, dee Rettungsschiern, iwwert dee mer de Mëtteg hei diskutéieren, wou mer d’Léincapacitéit vun deem Instrument vergrësseren, esou wéi de Rapporteur Michel Wolter dat virun exposéiert huet, an anerersäits d’Hëlfelefen u Griichenland.

Ech wëll hei nach eng Kéier rappeléieren - och der ADR, deem zum Schluss gesot huet, mir gi Griichenland keng Suen, duerfir stëmme mer géint dëst Gesetz, in etwa -: Dat hei ass näischt, wat direkt mat Griichenland ze doen huet. Ech kommen op Griichenland zréck. Mir stëmmen hei en fait en Instrument, wat schonn d’Cham-ber eng Kéier approuvéiert huet, deem mer méi Kraaft ginn, fir och ze weisen, datt d’Politik méi staark ass wéi d’Finanzmäert an datt, wann eppes geschitt, mir eng Zort europäesche Währungsfong hunn, deem d’Suen huet, fir kënnen ze léinen, ze léinen ënner strikte Kondi-tiounen.

Fir datt e ka mat där voller Kraaft déi 440 Mil-liarde léinen, datt en zugläich och de Statut vun engem „triple A“ huet, dat heescht, datt e kreditwürdeg ass, datt en zu engem niddregen Taux geléint kritt, duerfir mussen mer déi Garan-tien, déi mer ginn, erhéijen. An duerfir wëll ech hei och nach eppes derbäifügen, wat large-ment an der Debatt net de Mëtteg gesot ginn ass. Lëtzebuerg gött hei eng Garantie vun zwou Milliarden Euro. Dat ass eng Garantie, déi fir de

Moment absolut net vun deem Fong, vun där Gesellschaft gebraucht gött. Déi Gesellschaft huet fir de Moment eréischt 48 Milliarden Euro versprach un Irland an u Portugal.

D’Lëtzebuerg Garantie, déi sech beleeft op eppes 0,25% vum Deel, dee mir am Kapital vun der Europäescher Zentralbank hunn, be-leeft sech also an deem dote Kontext fir de Mo-moment op theoretesch 125 Milliounen Euro. Vu datt vun deenen 48 Milliarde fir Irland a Por-tugal der eréischt néng ausbezuelt gi sinn, ass eisen Deel un der Garantie fir de Moment 25 Milliounen Euro. Och déi Garantie ass nach net bezu ginn. Déi Garantie hu mer ginn.

Duerfir, wann d’Fro zu Recht de Mëtteg opgeworf ginn ass: Wat hu mer dann hei ze bezuelen? Fir de Moment hu mer fir den EFSF nach näischt bezuelt. Eis reell Garantie, déi fir de Moment engagéiert ass, ass 125 Milliounen. Dovunner, wéi gesot, op deenen ausbezueltene Suen, 25 Milliounen Garantie. Mä dee Gesamt-volumen, theoretesch bis wuer den EFSF ka goen, gött opgrond vun deenen Arrange-menter, déi haut hei zum Vote stinn, op zwou Milliarde fixéiert.

An deem Kontext och eng Prezisioun betref-fend Griichenland, well déi Fro och heiansdo gestallt gött. Bei Griichenland - well mer dee-mools nach net déi Struktur hei vum EFSF haten - hu mer gesot, do maachen all d’Länner bilateral Prëten. Déi bilateral Prëten, déi Lëtze-buerg am Kontext vun där Gesamtveloppe vun griicheschen Hëllefspak, dee sech op 80 Milliarden Euro an Europa an 30 Milliarden IWF beleeft, do ass de Lëtzebuerg Deel 206 Milliounen Euro. Vun deem Prêt hu mir bis elo 124 Milliounen Euro ausbezuelt an déi nächst Tranche ass fir den Oktober virgesinn. An et ass un enger Décisioun vun de Finanzministeren, opgrond vun engem Rapport, deem d’Euro-päesch Zentralbank, den IWF an d’Kommis-sioun maachen, fir ze kucken, ob d’Konditioun-en erfëllt sinn, gött décidéiert, ob déi nächst Tranche bezuelt gött oder net.

Kee kann haut soen, ob d’Griichen et packen. Mä ech soen, wa mer net probéieren ze hël-lefen, datt se et packen, an dat ass, firwat mer et maachen, ass de Risiko vum Chaos a vun der Ustiechung op aner Länner vill méi grouss.

Duerfir, déi, déi hei behaupten, ech hätt gesot, déi Sue gi mer, mer kréie se bezuelt a mer kréie se erm: Esou een naiven Discours hunn ech ni gefouert. Mir soen, jo et si Problemer do, mir hanken all enorm zesummen an deem Europa - zu Recht, well mer jo och dovunner profi-téieren, datt mer e grouse Bannemaart hunn -, also mussen mer och an deem Moment Soli-daritéit weisen, gebonnen u Konditiounen, an dann alles maachen, fir datt et geet.

Wa mer direkt soen, et fonctionnéiert net, da brécht oder riskéiert esou vill zesummenze-briechen. An duerfir wär dat keng responsabel Haltung.

Dee gréisste Risiko, wann an engem Land eppes Substanzielles geschitt, ass dee vun der Contagioun, vun der Ustiechung op aner Länner an domadder op Problemer, déi ganz schwiereg an de Grëff ze kréie sinn.

Mir kënnen net all Problemer mateneen hei léisen, mä de griichesche Problem mussen mer bilateral an zum Deel iwwer EFSF léisen. Duerno mussen mer kucken, deem EFSF an no 2013 dem europäesche Stabilitéitsmechanismus, mat deem mer an d’Chamber och an deenen nächste Wochen a Méint kommen; dee perma-nenten europäesche Währungsfong muss d’Ins-trumenter hunn, fir heiansdo kënnen Suen ze léinen.

Natierlech mussen mer och weider un der Ëm-setzung vun de Beschlëss vum 21. Juli vun de Stats- a Regierungschefe schaffen, an dat maa-che mer, wéi zum Beispill der Participatioun vum Privatsecteur, der Participatioun vun de Banken. Do hunn eng ganz Rei Sitzungen och ënnert der Autoritéit vun dem Eurogroup-Chef, deem Lëtzebuerg Statsminister - dem Här Jun-cker -, stattfonnt. Dat geet ganz gutt virun. An déi wäerte sech dorunner bedeelegen. Grad-esou wéi déi Diskussiounen weiderginn iwwer méiglech Garantiearrangementer.

Mä dozou och just e Wuert. Et gött absolut keng Divergence de vue tëschent dem Euro-group-Chef a mir iwwer méiglech Garantien un Drëttsaten. D’Konklusiounen vum Conseil euro-péen soen, do, wou et appropriéiert ass, kënnen Garantismechanismen agefouert ginn. Déi Dis-kussiounen, déi an der Press duergestalt gi sinn, wéi wa just Finnland do kéint Garantie kréien, droen net der Realitéit Rechnung. Déi meescht Länner, wann net allegueren, waren dergéint, datt ee Land géif eng Sonderbehandlung kréien. Mä wann am Kader vu verschiddenen Arrangementer, techneschen Arrangementer ee Land wéi Finnland esou eppes kritt, da muss dat och aneren ugebuede ginn.

Wéi dat genee ausgesäit, kann ech haut nach net soen, well mir muer respektiv den Owend a

Sommaire des séances publiques n^{os} 45, 46 et 47

Débat de consultation sur les conclusions du Conseil de l’Union européenne relatives au Pro-gramme de stabilité et de croissance et au Programme national de réforme p. 620-626

6266 - Projet de loi complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée p. 627-628

Résolution relative à la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil relative à l’efficacité énergétique et abrogeant les directives 2004/8/CE et 2006/32/CE (COM(2011)370) - Art. 168 (5) du Règlement de la Chambre des Députés p. 628

Interpellation de M. Claude Meisch sur la crise de la dette européenne p. 629-636

Discours de M. le Président p. 636

Hommage à la mémoire de M. René Putzeys, Député honoraire p. 637

Hommage à la mémoire de M. le Député Lucien Thiel p. 637-638

Communications p. 638-639

Résolution relative au Livre vert «Moderniser la directive sur les qualifications profession-nelles» (document COM (2011) 367) - Art. 169 du Règlement de la Chambre des Députés p. 639

Ordre du jour p. 639

6314 - Projet de loi modifiant la loi du 9 juillet 2010 relative à l’octroi de la garantie de l’État dans le cadre de l’instrument européen de stabilisation de la zone euro p. 639-647

Dépôt d’un projet de loi et de deux arrêtés grand-ducaux de retrait par Mme Octavie Mo-dert, Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative p. 639

Polen fueren, de Statsminister an ech, well do ass eng Sitzung vun de Finanzministere vun der Eurozon, wou grad iwwert déi dote Proble-matik diskutéiert gött. Et ka ganz gutt sinn, datt Finnland en Element vun Deelgarantie kritt. Dat gött dann och deenen aneren ugebueden. Mä en Contrepartie héchstwahrscheinlech kréie se da keng Rémunératioun oder aner Arrange-menter net. Mä déi meescht Finanzministere sinn der Meenung, datt, wann Arrangementer kommen, da müssen déi zur Dispositioun vun alle Länner stoen.

Finnland huet dat gefrot. Duerfir stoung Finn-land hei an der Fënster. Mä et gött keng Son-derbehandlungen, well soss kann dee ganze Mechanismus à la longue net fonctionnéieren.

Mir müssen also dee Rettungsschiern hei hunn. Et ass net d’Léisung zu alle Problemer. Et gött net eng Léisung. Mä ech mengen, wa mer dat heiten net maachen, da riskéiere mer ganz viles derbäi. Mir müssen esou Instrumenter, wéi där Sociéitéit EFSF, wéi dem europäesche Stabilitéitsmechanismus, d’Elementer ginn, fir kënnen schnell anzegräifen. An duerfir müssen d’Staten do derhannert stoen. An den Euro ass fir eis a bleift fir eis e wichtegt Instrument.

Duerfir awer och d’Noutwendegkeet, datt déi Diskussiounen tëschent dem Conseil, der Kommissioun an dem Europaparlament iwwert d’ekonomesch Gouvernance vun Europa schnell virukommen, datt de Stabilitéitspakt renforcéiert gött virun allem a sengem preven-tiven Deel. A Lëtzebuerg huet do eng ganz konstruktiv Roll gespillt. Aus dem Euro eraus-trieden, och dat wëll ech nach eng Kéier soen, ass absolut keng Léisung fir e Land, wat esou vill Handel mat anere Länner aus der Eurozon mécht.

An ech wëll derbäi och soen: Souguer déi, déi ausserhalb vun der Eurozon sinn, gesinn haut, wéi interdépendant mer sinn. An d’Beispill vun der Schwäiz, déi ënner engem enorme Problem kämpft, fir där iwwerméisseger Stärkt vum Schwäizer Frang entgéintzewierken, well dat dem Export schuet, beweist, datt och e Land ausserhalb vun der Eurozon mat de Länner vun der Eurozon, ob et dran ass oder net, enorm vill ze doen huet.

Fir eis ass den Euro e Stéck Europa. A vill vun de Problemer, déi mer hunn, vill vun den Eraus-fuerderungen, och deene positiven, déi mer hunn, déi kann een nëmme léisen, wann een zesumme Saache mécht. D’Nationalstate si gutt a wichtig, mä si bréngen et net eleng fäerdeg, d’Problemer an d’Défië vun eiser Gesellschaft ze léisen. Net, wann et ëm Krich a Fridde geet. Net bei Energie- an Ëmweltfroen. Net an der Kriminalitéitsbekämpfung. Net an der Immigratioun an och net bei den Handels-a Wirtschaftsfroen.

Duerfir, mir als klengt Land, wat éiweg en In-térêt hat un Europa an all deene Sujeten do an och deenen neien, déi derbäikomm sinn, huet een Intérêt do, fir matzegestalten d’Zukunft vun deem Europa.

An duerfir sinn ech am Fong, bei aller Suerg ëm dat, wat an deesen Deeg geschitt - a mir sinn nach laang net aus de Schwieriegkeeten eraus, och net, wa mer dat Gesetz hei stëmmen -, bei aller Suerg dorëm, sinn ech awer frou am Fong

iwwert déi responsabel Haltung, déi mer de Mëtteg hei gesinn hunn an den Interventiounen vun de Kollege vun der CSV, der LSAP, der DP a vun deene Gréngen, net, well se de Mëtteg e Projet vun der Regierung ënnerstëtzt hunn - natierlech och dowéinst -, mä well, wann et ëm den Intérêt vun eise Land a vun Europa geet, datt mer da wëssen, wou eis Intérête sinn a wéi mer müssen zesummestoen.

An duerfir wollt ech am Numm vun der Re-gierung Merci soen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Finanz-minister Luc Frieden. Mir kommen elo zur Of-stëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dis-pense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmme fänkt un. Fir d’Éischt déi per-séinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6314 ass ugehall mat 54 Jo-Stëmmen, géint 5 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall’Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir sinn elo um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung si fir den 11., 12. an 13. Oktober virgesinn.

D’Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 17.23 heures)